3. Projet de loi 4735 relatif à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel

Rapport de la Commission des Media et des Communications

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech zielen zu deenen, déi hir Riedezäit, déi se zouerdeelt kruten, anhalen. Mä, Här President, dat ass mer bei dësem Projet de loi net méiglech, duerfir bieden ech schonn am Viraus ëm Entschëllegung, dass ech déi 20 Minutten, déi mer zoustinn, wäert iwwerschreiden.

Et ass mer net méiglech an 20 Minutten de Projet de loi 4735 emol nëmmen an de Grondlinne virzestellen. Ech wäert also vun der Zäit, déi menger Fraktioun zousteet, Gebrauch maachen, ouni den Här Glesener, deen no mer wäert schwätzen, op iergendeng Aart a Weis anzeschränken.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Entschëllegt, Här Rapporteur. Ech hu kee Problem domadder, wa mer der Meenung sinn, dass et e ganz komplizéierten Dossier ass, dass Dir e bësse méi laang schwätzt. Dat huet näischt mat Ärer Fraktioun ze dinn. Ech wëll lech dat just soen.

Ech sinn d'accord, dass Der méi laang gegebenenfalls schwätzt. Wann Der mengt, Dir bräicht déi Zäit an et ass interessant genuch, dann hunn ech kee Problem domat, mä et geet net op Käschte vun Ärer Fraktioun, dat wär nämlech e Prezedenzfall, deen ech net wéilt mat droen, well de Rapporteur schwätzt am Numm vun der Kommissioun an net am Numm vu senger Fraktioun.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.-* Här Krecké, ech si mathematesch net esou gutt fir meng Iwwerzäit proportional op all d'Deputéierten ze verstreeën.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Et wier gutt, wann den Här Krecké méi dacks esou generéis wär, wéi en dat haut ass.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.-* Här President, mam Gesetzesprojet 4735 gëtt den Dateschutz enger fundamentaler, mä och batter noutwendeger Reform ënnerworf.

D'Gesetz vum 31. Mäerz 1979 leet haut d'Regele fest nodeem Datebanken, déi perséinlech Donnéeë speicheren, funktionéiere sollen. Esou Datebanke mussen no Avis vun enger Commission consultative entweder vum zoustännege Minister oder duerch Règlement grand-ducal autoriséiert sinn. Et ass kloer an et steet am Exposé des motifs, datt dat Gesetz vum 31. Mäerz 1979 obsolète ass. Dat ass net verwonnerlech.

Wann et senger Zäit ugepasst war, ass dat Gesetz no méi wéi 20 Joer iwwerholl. Säit dem Enn vun de 70er Joren huet sech d'Informatik an alle Beräicher vun eiser Gesellschaft duerchgesat. Vun deieren, wéineg flexible Maschinnen, déi nach schwéier ze bedénge waren, huet sech de Computer zum noutwendegen Instrument vum dagdeegleche Liewen entwéckelt.

Wann et bal 30 Joer gedauert huet, vun ufanks de 70er Jore bis 2001, fir déi éischt Milliard vu verkaaftene perséinleche Computeren ze erreechen, gëtt erwaart, datt déi zweet Milliard an de Joren 2006 bis 2007, also a véier bis fënnef Joer, erreecht gëtt.

Esou steet richtigerweis am Exposé des motifs: "Ainsi on est passé d'une société dans laquelle l'informatique était un outil au service des activités humaines à une société de l'information entraînant des modifications structurelles de nos modes de vie."

Wann de Computer hautzudags net ewech ze denken ass, well en eng ganz Rei vun Avantagë mat sech bréngt, muss ee sech awer d'Fro stellen nom Schutz vu perséinlechen Donnéeën. Mir si jo all der Meenung, datt mer en Dateschutz brauchen, datt et net esou ka sinn, datt een déi Progrèsen an der Informatik einfach kann akzeptéieren ouni e Géigegewiicht fir de Schutz vu perséinlechen Donnéeën ze schafen. Esou gliddert den Dateschutz sech an de Schutz vum Privatliewen an. D'Privatliewen ass e Grondrecht, dat a sëllegen internationale Konventiounen a besonnesch an der Europäescher Mënscherechtskonventioun an an eiser Verfassung festgehalen ass. Déi Europäesch Charta vun de Mënscherechter, déi am Kader vum Traité de Nice ugeholl gouf, zielt den Dateschutz als solches zu de Grondrechter.

Mä d'Omnipresenz vun der Informatik an déi esou wichteg a begréissenswäert Société de l'information brénge Risike mat sech, wat den Dateschutz ugeet.

Jiddereen ass a wäert nach, dacks onbewosst an heiansdo souguer ongewollt, iergendeng perséinlech Donnée matdeelen, ouni richteg ze wëssen oder sech richteg d'Fro gestallt ze hunn, wat mat deenen Donnéeën nach gemaach gëtt. Esou zum Beispill, wann eng Persoun enger Reesagence matdeelt, datt een hir während engem Fluch nëmme koscher Platen soll zerwéieren, ass déi Persoun dann awer nach ëmmer sécher, datt esou eng Informatioun net zu illegitimen Zwecker ka verwennt ginn? Et weess ee jo net, wat mat esou enger Informatioun nach ka geschéien a wien déi an d'Hänn ka kréien. En anert Beispill: Wat geschitt mat Informatiounen, déi iwwer Iwwerwaachungskameraen opgeholl ginn? Kënnen esou Kameraen iwwerall opgestallt ginn? Wat gëtt mat de Biller, déi esou opgeholl goufen, gemaach?

De Commerce électronique, an doriwwer eraus Internet am grousse Ganzen, déi et erméiglechen Donnéeën an aller Welt ze schécken, ginn dem Dateschutz nach eng méi grouss Bedeitung.

Et geet also drëms perséinlech Donnéeë géint abusiv Traitementer ze schützen, ouni op d'Avantagë vun der Informatik ze verzichten. E Balanceakt tëschent op där enger Säit den Intérête vum Verantwortlechen, vun

deem also, deen d'Modalitéiten an d'Finalitéite vum Traitement festleet, an op där anerer Säit de Rechter an de Fräiheete vun der betraffener Persoun, déi mussen erreecht ginn.

Esou en Equiliber ass schwéier zustan ze bréngen an net ëmmer evident an der Praxis ëmzesetzen. Dat wësse mer! Vill méi einfach wär et gewiescht, wa mer entweder all Traitement vu perséinlechen Donnéeë verbueden oder alles ouni Aschränkung zougelooss hätten, mä dës zwou extrem Situatioune si weder realistesch nach wënschenswäert.

Den Equiliber, deen ech elo grad ugeschwat hunn tëschent dem Dateschutz an en Exigenze vun der Société de l'information, ass d'Zilsetzung vun der Direktiv 95/46, déi mer am Projet de loi 4735 ëmsetzen. Den Titel vun der Direktiv seet et aus: "...relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données", wou den Dateschutz als éischt opgezielt ass. Dës Direktiv an d'Direktiv 97/66, déi den Dateschutz am Telekommunikatiounssecteur regelt an déi nach muss ëmgesat ginn, preziséieren a verstäerken d'Dateschutzregelung, déi an der Konventioun 108 vum Conseil de l'Europe, déi mer 1998 ratifiéiert hunn, festgeschriwwen ass.

D'Direktiv 95/46 versicht an der Europäescher Unioun den héchste Stand am Schutz vu perséinlechen Donnéeën ze erreechen. Dat ass och d'Zilsetzung vun dësem Gesetzesprojet. Ier ech méi an den Detail vu verschiddenen Dispositioune vum Projet de loi wëll agoen, wéilt ech nach e puer Remarke maachen.

Als éischt wollt ech soen, datt et am Fong geholl falsch ass vun Dateschutz ze schwätzen. De Projet de loi wéi d'Direktiv 95/46 verstinn sech net als Texter, déi Donnéeë schütze sollen. Et geet drëms d'Leit, vun deene perséinlech Donnéeën engem Traitement ënnerworf ginn, géint abusiv Traitementer ze schützen. Den Terme Dateschutz huet sech awer am Mondgebrauch breet gemaach an esou wäert ech e weider benotzen.

Zweetens, muss een d'Philosophie ervirhiewen, déi de Projet de loi vum Gesetz vun 1979 ënnerscheet. Am Gesetz vum 31. Mäerz 1979 goufen d'Datebanken, also do, wou perséinlech Donnéeë gespeichert ginn, enger Autorisatiounsprozedur ënnerworf. An dësem Projet de loi wéi an der Direktiv geet et ëm d'Fro wat mat den Donnéeë geschitt, well grad do Gefore vun Abüe bestinn. D'Focalisatioun läit also net méi bei den Datebanken, mä bei den Traitementer vu perséinlechen Donnéeën, ob déi an enger oder méi Datebanke gespeichert ginn, ass egal; ob doduerch eng, zéng, dausend oder honnertdausend Donnéeën traitéiert ginn ass och egal. Esou muss de Journalist net ëmmer uginn, ob en eng Recherche iwwer X oder Y mécht, wéi dat haut an enger Dageszeitung steet.

De Projet de loi ass en onmoosseg wichtegen Text. Am schrëftleche Rapport hunn ech versicht esou vill méiglech Aspekten ze beliichten oder op eng verständlech Aart a Weis ze erklären. Ech kann aus Zäitgrënn elo net op all Punkt vum Rapport a vum Projet de loi agoen. Mäi mëndleche Rapport ass op déi folgend Froen opgebaut:

– Wéini applizéiert sech de Projet de loi?

– Wat ass den territorialen Uwendungsberäich vum Projet?

– Wéi kënnen Donnéeën traitéiert ginn?

– Wat fir Rechter huet een, wa seng perséinlech Donnéeën traitéiert ginn?

– Wie kontrolléiert d'Traitementer an d'Uwendung vum Gesetzesprojet?

Éischt Fro: Wéini applizéiert sech de Projet de loi? D'Donnéeë ginn normalerweis fir d'éischt gesammelt an dann op iergendeng Manéier verschafft. Dës ganz Prozedur gëtt mam Wuert Traitement ëmschriwwen. Wann op d'mannst eng vun deene Phase vum Traitement op eng automatesch Manéier realiséiert gëtt, fënnt dëse Gesetzesprojet Uwendung, zum Beispill, wann d'Collecte vun Donnéeën op Basis vun engem Formulaire gemaach gëtt, mä wann déi ausgefëllte Formulairen duerch Computertechnik ausgewäert ginn, dann hu mer et mat engem vun dësem Projet erfaassten Traitement ze dinn.

Och wann den Traitement net automatiséiert ass, wennt de Projet sech un, wann d'Donnéeë sech an engem Fichier, sief et an enger Kartei oder engem Computerfichier op eng strukturéiert Aart a Weis, zum Beispill an alphabetescher oder a chronologescher Reihenfolg, erëmfannen.

Zwou Zorte vun Traitementer ginn ausdrécklech vum Projet de loi ausgeschloss. Dat sinn Traitementer, déi ausschliesslech zu privaten Zwecker benotzt ginn, soss géife mer jo selwer op eng disproportionéiert Aart a Weis an d'Privatsphär vun där Persoun agräifen, an Traitementer, wou d'Publicatioun per Gesetz festgeschriwwen ass, wéi zum Beispill beim Handelsregister.

Zweet Fro: Wat ass den territorialen Uwendungsberäich vum Projet? Dat ass eng wichteg Fro, well et einfach oder souguer bezweckt ass Donnéeën, déi een an engem Land gesammelt huet, an engem anere Land an der Unioun oder souguer baussent der Unioun weider ze traitéieren oder engem aneren Traitement ze ënnerleeën.

D'Regelen, déi am Projet de loi festgehale goufen, wëlle vermeiden, datt en Traitement der Lëtzebuerger Legislatioun entwëscht, oder datt en Traitement ënnert d'Gesetzer vu verschiddene Länner fält. Territorial gesi wäert d'Gesetz an zwee Fäll Uwendung fannen:

– de verantwortlechen Traitement ass zu Lëtzebuerg niddergelooss oder, an anerer Wierder, ass dem Lëtzebuerger Gesetz ënnerworf;

– wann de Verantwortleche vum Traitement sech ausserhalb der Unioun niddergelooss huet, d'Moyenen, d'Personal oder d'Technik, wouduerch d'Donnéeën traitéiert ginn, sech zu Lëtzebuerg befannen.

Et soll vermidde ginn, datt e Verantwortlechen sech ausserhalb vun der Unioun nidderléisst, fir déi an der Europäescher Unioun gülteg Dateschutzregelungen ze ëmgoen. Moyenen, déi den Transit vun Donnéeën erlaben, ginn net mat a Betruecht geholl.

Drëtt Fro: Wéi kënnen Donnéeën traitéiert ginn? D'Äntwert op dës Fro ass e Kärsteck vum Projet de loi. De Gesetzesprojet gesäit an den Artikele 4 a 5 Bedingunge vir, déi fir all Traitementer gëllen. D'Traitementer musse loyal a legitim sinn. A verschiddene Fäll, déi an den Artikele 6 bis 11 opgelëscht sinn, gi weider Bedingunge gestallt, well hei mussen d'Rechter vun der betraffener Persoun besonnesch geschützt ginn. Et sinn dat Traitementer vun Données sensibles (Artikele 6 a 7), vun Données judiciaires (Artikel 8), Traitementer am Kader vun der Liberté d'expression (Artikel 9) an Traitementer, déi eng Iwwerwaachung mat sech bréngen (Artikelen 10 an 11).

Dësen Deel vum Projet de loi ass wichteg, well en d'Grondlag ass, op déi all Traitement opbaue muss, mä en ass extrem komplex virzestellen. Bei de generell applicable Bedingunge gesäit den Artikel 4 véier Fäll vir, wou den Traitement als loyal kann agestuft ginn, ouni dass dës Opzielung limitativ ass. Den Artikel 5 gesäit dës Kéier sechs limitativ Hypotheese vir, fir datt en Traitement als legitim ka bezeechent ginn.

D'Données sensibles däerfen an eelef Fäll an d'Données judiciaires an dräi Fäll traitéiert ginn. Wann Traitementer am Kader vun der Liberté d'expression stattfannen, erlaabt de Projet de loi fënnef Dérogatiounen. Et gëtt dräi Hypotheesen an deenen Traitementer, déi zu enger Iwwerwaachung féieren, déi erlaabt sinn. Et gëtt véier Fäll, wou et zu enger Iwwerwaachung op der Aarbechtsplaz ka kommen.

Eng Opzielung vun all dëse Situatiounen, Hypotheesen a Bedingungen, géif elo sécher net dozou bäidroen, fir Klorheet ze schafen. Dofir wéilt ech nëmmen e puer Punkten opgräifen, déi, esou mengen ech, représentatifs fir de ganze Projet wieren.

Mat deene generell applicable Bedingungen, déi an den Artikele 4 a 5 festgeschriwwe sinn, gëtt dem Finalitéitsprinzip Rechnung gedroen. Déi franséisch Commission nationale de l'Informatique et des Libertés huet scho geschriwwen: "Un traitement d'informations nominatives est créé pour atteindre un certain but. Il doit être adapté et ne pas servir à d'autres fins. Ce principe de finalité est omniprésent."

Wa perséinlech Donnéeë gesammelt an traitéiert ginn, dann ass et fir eng oder e puer bestëmmte Finalitéiten. Et gëtt ze vermeiden, datt op eemol eng aner Finalitéit, vun där déi betraffe Persoun näischt wousst, opdaucht. Dëse Finalitéitsprinzip gëtt respektéiert, wann d'Donnéeë loyal traitéiert ginn a wann den Traitement legitim ass.

Wéini ginn d'Donnéeë loyal traitéiert? De Verantwortleche vum Traitement muss sécherstellen, datt d'Donnéeën op eng loyal an erlaabten Aart a Weis traitéiert goufen. Hie muss et net méi garantéieren, wéi dat am initiale Projet de loi stoung. Loyal an erlaabten Aart a Weis heescht ënner anerem:

– datt d'Donnéeë fir e bestëmmten, express ausgedréckten a legitimen Zweck traitéiert ginn, an datt se net duerno fir een, mat der éischter Finalitéit, inkompatiblen Zweck weider traitéiert ginn;

– datt d'Traitementer proportionnéiert zum ersichten Zweck sinn;

– datt d'Donnéeën ëmmer mussen exakt an aktuell sinn. Wa se net méi exakt oder onvollstänneg sinn, mussen se vum Verantwortleche vum Traitement geläscht oder rectifiéiert ginn;

– datt d'Donnéeë musse fir eng Dauer, déi net déi iwwerschrëtt, déi fir den Zweck vum Traitement néideg ass, gehale ginn, ausser si gi fir historesch, statistesch oder wëssenschaftlech Zwecker weider traitéiert, mä da falen se ënner eng aner Prozedur.

Wéini ass en Traitement legitim? En Traitement ass legitim, wann et zum Beispill noutwendeg ass, fir datt de Verantwortlechen enger legaler Verpflichtung kann nokommen, zum Beispill Donnéeën un eng Pensiounskeess weider ginn oder fir e Vertrag mat der betraffener Persoun ausféieren ze kënnen. Den Traitement ass legitim, wann e vun der betraffener Persoun en connaissance de cause guttgeheescht gouf.

Wann am Verlaf vun engem Traitement den Traitement net méi an de Kader passt, an deem e sech am Ufank agereit huet, well den Zweck fundamental geännert huet oder well d'Legitimitéitsgrënn net méi do sinn, da muss en direkt ophalen. Wat déi speziell Regimer ugeet, wëll ech mech hei nëmmen op zwou Zorte vun Traitementer beschränken, an zwar Traitementer vu sou genannten Données sensibles an Traitementer, déi an enger Iwwerwaachung bestinn.

Traitementer vun Données sensibles sinn u sech net verbueden. Dem Artikel 6 vum Gesetzesprojet no si verbueden all Traitementer "qui révèlent l'origine raciale ou ethnique, les opinions politiques, les convictions religieuses ou philosophiques, l'appartenance syndicale, ainsi que les traitements de données relatives à la santé et à la vie sexuelle, y compris le traitement des données génétiques."

D'Finalitéit vun dësen Traitementer däerf net sinn, fir de sensible Charakter vun den Donnéeën ervirzehiewen. Fir

op dat Beispill zréckzekommen, wat ech aganks menger Ried zitéiert hat, wann e Passagéier senger Reesagence matdeelt, datt en aus reliéise Grënn nëmme koscher Produkter zou sech hëlt, dann ass den Traitement legitim, mä wann d'Fluggesellschaft eng Lëscht ausschafft, fir ze kucken, wat fir eng Passagéier jüdescher Relioun sinn, well se koscher Produkter bestallt hunn, dann hu mer et hei mat engem Traitement ze dinn, dee verbueden ass, well en en illiciten Zweck huet: Le traitement révèle l'origine religieuse de la personne concernée.

Sensibel Donnéeë kënnen ënner verschiddene Bedingungen traitéiert ginn. Wéi ech scho gesot hunn, sinn an eelef Fäll Traitementer vu sensiblen Donnéeën erlaabt. Et wär superfétatoire fir déi, déi de Projet de loi kennen an intus hunn, an et wär enger klorer Virstellung vum Projet de loi onwierdeg fir all déi aner, datt ech all dës eelef Finalitéite beschreiwen. Duerfir wéilt ech nëmmen zwou vun deene Finalitéite beliichten.

Éischtens d'genetesch Donnéeën: D'genetesch Donnéeë kënnen zu limitéierten Zwecker traitéiert ginn, wéi zum Beispill a Justizaffären. An zivilen Affäre kënnen zum Beispill Gensequenze benotzt ginn, fir eng Filiatioun festzestellen. A Strofprozesser kann d'Identitéit vum Täter vun enger Strofdot iwwer ADN-Spuren, déi en hannerlooss huet, ausgemaach ginn. Genetesch Donnéeë kënnen traitéiert gi fir e Motif d'intérêt public oder mat der Zoustëmmung vun der betraffener Persoun. Wa genetesch Daten am Kader vu wëssenschaftleche Recherchen traitéiert ginn, dann nëmmen, wann dat net duerch eng gesetzlech Bestëmmung oder duerch de Prinzip de l'indisponibilité du corps humain verbueden ass. Traitementer vu geneteschen Donnéeë fir Recherchen, déi op d'Klonen erauskommen, sinn net erlaabt.

Am Detail wéilt ech mech mat dem leschten Zweck, deen ech fir dëse mëndleche Rapport ausgesicht hunn, befaassen, an zwar Traitementer, déi vun de Servicer am Gesondheetsberäich gemaach ginn. Zweck vun esou Traitementer sinn d'Preventivmedizin, d'Diagnos, d'Behandlung vu Patienten, d'Recherche am Beräich vu Medizin a Biologie inklusiv d'Biotechnologie an d'Gestioun vun de Servicer.

Den Traitement muss vun enger Instance médicale duerchgefouert ginn. Den Terme Instance médicale ass am Artikel 2 definéiert an ëmfaasst grosso modo d'Dokteren an d'Etablissements hospitaliers. En Traitement vun Données sensibles kann awer och vun anere Persoune gemaach ginn: Organismes de sécurité sociale, Versécherungsgesellschaften, Gesellschaften, déi Pensiounsfonge géréieren, d'Caisse médico-chirurgicale mutualiste a Persounen, déi en Agrément ënnert dem ASFT-Gesetz kruten an an engem Règlement grand-ducal opgelëscht sinn.

Dëse Persoune muss et erlaabt sinn, fir Traitementer virzehuele fir hirer Missioun gerecht ze ginn. Wéi kënnen zum Beispill Invaliderenten ausbezuelt ginn, ouni d'Donnéeën iwwert de Gesondheetszoustand, dat heescht sensibel Donnéeën, ze traitéieren?

No den sensiblen Donnéeë wéilt ech den zweete Regime virstellen, wou zum Schutz vun der betraffener Persoun speziell Bedingunge festgehale ginn. Et geet ëm Traitementer, déi eng Iwwerwaachung mat sech zéien. Wann een Iwwerwaachung uschwätzt wär et falsch nëmmen un d'Kamera als Iwwerwaachungsmoyen ze denken. Eng Iwwerwaachung ass, ech zitéieren: "...toute activité faisant appel à des moyens techniques en vue de détecter, d'observer, de copier ou d'enregistrer les mouvements, images, paroles, écrits ou l'état d'un objet ou d'une personne fixe ou mobile." Kameraen, Mikroen oder elektronesch Iwwerwaachungssystemer ginn hei ugeschwat.

Am Gesetzesprojet gëtt e Régime général an e Regime fir d'Iwwerwaachung op der Aarbechtsplaz virgesinn. Ech wëll mech nëmmen op de Régime général vum Artikel 10 limitéieren. Den Traitement à des fins de surveillance sur le lieu de travail, deen am Artikel 11 viséiert ass, gëtt vu mengem Fraktiounskolleeg a President vun der Commission du Travail et de l'Emploi, dem Här Marcel Glesener, erläutert. Dës Kommissioun hat den Artikel 11 aviséiert an Amendemente virgeschloen, déi mer all iwwerholl hunn.

Eng Situatioun ka souwuel ënnert den Artikel 10 - also de Régime général -, wéi ënnert den Artikel 11 - Aarbechtsplaz - falen, jee nodeem wien déi betraffe Persoun ass. Wann zum Beispill eng Kamera an engem Geschäft opgestallt gëtt, wennt den Artikel 10, Régime général, sech un, wann déi betraffe Persoun e Client vun deem Geschäft ass, an den Artikel 11, wann déi betraffe Persoun e Salarié, deen an deem Geschäft schafft, ass.

Ech hunn den Iwwerwaachungsregime vum Artikel 10 erausgesicht, well et ëmmer méi Iwwerwaachungsméiglechkeete gëtt, zum Beispill huet en Awunner vu London "d'Chance" all Dag 300-mol gefilmt ze ginn. Fir ze vermeiden, datt d'Société de l'information an eng Big-Brother-Gesellschaft ausaart, musse per Gesetz strikt Regele festgeluegt ginn. Donnéeën, déi iwwer eng Iwwerwaachung gesammelt ginn, kënnen an dräi Hypotheesen traitéiert ginn:

– wann se vun der betraffener Persoun guttgeheescht goufen;

– bei oder op enger öffentlech accessibler oder öffentlech net accessibler Plaz, wéi ënnerierdesch Parkingen, Flughäfen, Garen an esou weider, wann dës Plaz e Risiko bréngt, wat den Traitement aus Sécherheetsgrënn "Sécurité des usagers et prévention des accidents" noutwendeg mécht. Hei kann een zum Beispill Bancomatsapparaten opzielen;

– a privat zougängleche Plazen, wou de Verantwortleche vum Traitement domiziliéiert ass.

Et kann awer net sinn, wann eng Kamera eng Hausdier oder eng Garagenafaart iwwerwaacht, datt de Champ de vision vun där Kamera d'Strooss oder den Trottoir mat abegräift.

Déi betraffe Persoun muss iwwert e Panneau, e Bréif, eng Circulaire oder soss iergendeng aner ubruecht Aart a Weis informéiert ginn, datt se iwwerwaacht gëtt. Dës Informatioun muss virun oder spéitstens zäitgläich mat der Iwwerwaachung stattfannen. Deejéinegen, dee seng Hausdier iwwerwaache léisst, muss also all déi, déi an d'Bléckfeld vun der Kamera kënne kommen, iwwert d'Iwwerwaachung informéieren. Eng Informatioun ass natierlech net noutwendeg, wann d'Iwwerwaachung vun der betraffener Persoun guttgeheescht gouf.

Wann déi betraffe Persoun méi Informatioune gären hätt, wéi datt se nëmmen informéiert doriwwer gëtt, datt se iwwerwaacht gëtt, da kann se sech un de Verantwortleche wennen, deen dann Informatiounen iwwert seng Identitéit, den Zweck vum Traitement, d'Dauer während där déi gesammelt Donnéeën opgehuewe ginn an d'Kategorie vun de gesammelten Donnéeë matdeele muss. Et wier absurd gewiescht, all dës Informatiounen am Virfeld oder zäitgläich mat der Iwwerwaachung ze vermëttelen.

Déi duerch en Iwwerwaachungsmoyen gesammelt Donnéeë kënnen un drëtt Persoune communiquéiert ginn, wann déi betraffe Persoun esou eng Weiderleedung guttgeheescht huet, et sief dann, datt esou eng Kommunikatioun duerch d'Gesetz verbuede wier.

D'Donnéeë kënnen u verschidden öffentlech Autoritéite weider geleet ginn. Och kënne Justizautoritéiten déi Donnéeë kréien. Et sinn dat net nëmmen d'Autoritéiten, déi am Kader vun enger Enquête pénale oder engem Strofprozess intervenéieren. Et denkt een hei zum Beispill u Fotoen, déi eng Kamera, déi e Bancomatsapparat iwwerwaacht, geholl huet, mä och un all aner Justizautoritéiten, zum Beispill Fotoen, déi an engem ënnerierdesche Parking opgeholl goufen an déi am Kader vun engem Zivilprozess iwwert en Accident invoquéiert ginn.

Ech wëll ervirsträichen - an dat gëllt fir de ganze Projet de loi -, datt d'Bestëmmungen iwwert den Dateschutz déi haut gülteg Regelen, déi d'Procédure civile, d'Procédure administrative oder d'Procédure pénale festleeën, net beaflossen. D'Justizautoritéite musse sech weiderhin un déi Regelen halen. Den Dateschutz huet keen Afloss op d'Fiabilitéit vun de gesammelten Donnéeën. Och wann eng Iwwerwaachung legal stattfonnt huet, ass nach ëmmer net garantéiert, datt esou Daten an enger Geriichtsaffär kënne benotzt ginn, wann d'Riichteren der Meenung sinn, datt d'Donnéeën net déi néideg Fiabilitéit kënnen opweisen.

Véiert Fro: Wat fir Rechter huet déi betraffe Persoun, wann hir perséinlech Donnéeën traitéiert ginn? D'Rechter vun der betraffener Persoun, déi an den Artikelen 26 bis 31 geregelt sinn, sinn e weidert Kärstéck vum Gesetzesprojet. Déi betraffe Persoun kritt dräi Rechter zouerkannt: Informatioun, Accès an Oppositioun.

Wat d'Informatiounsrecht ubelaangt seet d'Direktiv, datt "le traitement loyal des données suppose que les personnes concernées puissent connaître l'existence des traitements et bénéficier, lorsque des données sont collectées auprès d'elles, d'une information effective et complète au regard des circonstances de cette collecte."

D'Informatioun muss vum Verantwortlechen un déi betraffe Persoun matgedeelt gi bei der Collecte vun den Donnéeën oder, wann d'Donnéeë bei enger Drëttpersoun gesammelt goufen, beim Androe vun den Donnéeën oder bei der éischter Kommunikatioun un enger weider Drëttpersoun. Den Artikel 26 gesäit vir, wat fir eng Informatiounen un déi betraffe Persoun musse weider gi ginn, an zwar d'Identitéit vum Responsablen, d'Finalitéit vum Traitement, d'Durée de conservation vun den Donnéeën an esou weider.

Dës Informatioun muss detailléiert sinn. Eng generell Pressematdeelung geet also net duer. D'Informatioun muss awer net schrëftlech matgedeelt ginn. Et gëtt awer Hypotheesen, an deenen d'Informatiounsrecht net spillt. Hei kann ee folgend Beispiller uginn:

– wann déi betraffe Persoun aus eegener Initiativ perséinlech Donnéeë matdeelt;

– wann déi betraffe Persoun schonn am Viraus informéiert gouf;

– am Kader vun der Liberté d'expression, hei zitéieren ech den Artikel 9, Paragraph 1: "...lorsque son application compromettrait la collecte des données auprès de la personne concernée" oder "...lorsque son application compromettrait soit la collecte des données, soit une publication en projet, soit la mise à disposition du public, de quelque manière que ce soit, de ces données ou fournirait des indications permettant d'identifier les sources d'information";

oder

– wann den Traitement net noutwendeg ass fir d'Sécherheet vum Stat, der Défense, der Sécurité publique, der Protection de la personne concernée ou des droits et libertés d'autrui, vu Strofdoten, inklusiv Blanchimentsaffären, an esou weider.

Déi betraffe Persoun huet och d'Recht Accès un déi gesammelt Donnéeën ze kréien, fir kontrolléieren ze kënnen, ob d'Traitement engem legitimen Zweck nogeet, ob d'Donnéeë loyal traitéiert ginn oder ob se exakt sinn. Dësen Accès zu de perséinlechen Donnéeë muss gestattet gi sans délais excessifs. D'Demande muss vun der betraffener Persoun oder hiren Ayant-droiten a raisonnablen Tëschestänn agereecht ginn.

De Projet de loi regelt den Accès vum Patient u säin Dossier médical, deen entweder vun engem Dokter oder engem Spidol gehale gëtt. De Patient selwer huet Accès zu sengem Dossier. Hie kann en Dokter designéieren, fir dësen Dossier kucken ze goen. Wann de Patient ënner Tutelle oder Curatelle ass, gëtt dësen Dokter vum Tuteur, respektiv Curateur, bestallt. Wann de Patient verscheet ass, gesäit den Artikel 28 vir, wien den Dokter, deen Accès zum Dossier médical kritt, kann designéieren.

Et sinn dat d'Elteren, wann de Patient mannerjähreg ass, soss de Conjoint a seng Kanner oder déi Persoun, mat där de Patient am Stot gelieft huet. Wann de Patient nach lieft, mä onfäeg ass, en Dokter ze bestëmmen oder selwer den Dossier kucken ze goen, da sollten déiselwecht Regele spillen, wéi wann e verscheet wier.

Wann d'Date falsch sinn oder net exakt traitéiert ginn, kann d'Commission nationale pour la protection des données agräifen, fir de Verantwortlechen ze zwëngen, d'Donnéeën ze änneren oder ze läschen, oder souguer mam Traitement opzehalen.

Ausser et wier technesch oder materiell onméiglech, mussen d'Rectificatiounen an d'Läsche vun den Dönnéeën un all drëtt Persoun, déi déi falsch oder inkomplett Date kruten, matgedeelt ginn.

Den Droit d'accès ka limitéiert oder vertaagt ginn. Hei kënnen d'Liberté d'expression, d'Sécurité de l'Etat, d'Défense, d'Recherche, d'Constatation, d'Prévention vu Strofdoten a sou weider spillen. Eng Limitatioun vum Droit d'accès kann och virkommen, wann et evident ass, datt kee Risiko fir d'Privatliewe vun der betraffener Persoun besteet, oder wann d'Daten nëmmen am Kader vun enger wëssenschaftlecher Recherche benotzt ginn.

D'Ursaach, déi de Verantwortlechen ugëtt, fir den Accès ze limitéieren oder op e spéideren Zäitpunkt ze erlaben, mussen der betraffener Persoun matgedeelt ginn. D'Commission nationale pour la protection des données behält awer nach ëmmer hiren eegenen Droit d'accès a muss net d'Resultater vun den Investigatiounen der betraffener Persoun matdeelen, zum Beispill fir de Secret des sources ze respektéieren.

Den Droit d'opposition ass dat drëtt Recht, dat der betraffener Persoun zouerkannt gëtt, an ass eng Innovatioun par rapport zum Gesetz vum 31. Mäerz 1979. Den Droit d'opposition fënnt an zwee Fäll Uwendung.

Éischtens kann déi betraffe Persoun sech widdersetzen, dass eng perséinlech Donnée engem Traitement ënnerworf gëtt, ausser wann d'gesetzlech Bestëmmung esou en Traitement virgesäit. Déi betraffe Persoun muss awer legitim Grënn uginn, déi mat senger perséinlecher Situatioun ze dinn hunn. Dës Grënn gi vum Verantwortleche vum Traitement analyséiert, a, wann e Problem entsteet, vun der Commission nationale pour la protection des données.

Den zweete Fall ass, dass déi betraffe Persoun sech engem Traitement widdersetze kann, wann dëst Traitement eng Prospectioun - Marketing direct heescht dat am moderne Lëtzebuergesche - unzielt. Déi betraffe Persoun muss informéiert ginn, datt se sech engem Traitement widdersetze kann.

Am Artikel 31, op deen ech net weider agoe wëll, steet och festgeschriwwen, ënner wat fir enge Bedingungen en Traitement automatisé duerchgefouert ka ginn, wann déi automatesch ervirgeruffen Entscheedung juristesch Konsequenzen op déi betraffe Persoun huet.

Déi fënneft Fro ass: Wéi gesäit d'Kontroll vun den Traitementer aus? Am Kader vum 1979er Gesetz war all Datebank enger Autorisatiounsprozedur ënnerworf. Dat ass eng vill ze schwéier Prozedur fir hautzedaags effikass ze sinn. Dem Projet de loi no ënnerleien net d'Datebanken, mä d'Traitementer enger Prozedur. Dës Prozedur ass zudeem nach grondlegend geännert ginn, an deem Sënn, datt eng préalabel Autorisatioun d'Ausnahm ass. De Prinzip ass jo, datt d'Traitementer der Commission nationale pour la protection des données notifiéiert muss ginn. Wa verschidden Traitementer deemselwechten oder engem liéierten Zweck noginn, ass eng eenzeg Notificatioun méiglech.

D'Commission nationale kann och eng vereinfacht Prozedur ausschaffen, wann d'Traitementer keng Gefor fir d'Grondrechter, a besonnesch d'Privatliewen, duerstellen.

Verschidden Traitementer brauche keng Notificatioun, wéi zum Beispill d'Traitements des données judiciaires, Traitementer, déi vum Chargé de la protection des données, op deen ech nach zréckkomme wäert, iwwerwaacht ginn an Traitementer, déi per Gesetz der öffentlecher Informatioun déngen, wéi den Handelsregister.

Et gëtt zwou Zorte vun Autorisatiounsprozeduren. Bei där enger gëtt d'Autorisatioun vun der Commission nationale, bei där anerer iwwer Règlement grand-ducal ausgestallt. Traitementer, déi vun der Commission nationale autoriséiert ginn, sinn am Artikel 14 festgehalen. Et sinn där zwielef, déi e besonnesche Risiko fir d'Grondrechter vun der betraffener Persoun duerstellen, wéi zum Beispill Traitementer vu sensiblen Donnéeën, Traitementer, déi eng Iwwerwaachung mat sech bréngen, oder Traitementer, déi e bestëmmten Zweck haten, mä déi nach fir e weideren historeschen, statisteschen oder wëssenschaftlechen Zweck traitéiert ginn.

Eng besonnesch Opmierksamkeet gëllt de sou genannten Interconnexiounen. Dat ass "toute forme de traitement qui consiste en la corrélation de données traitées pour une finalité avec des données traitées pour des finalités identiques ou liées par un ou d'autres responsables du traitement." D'Finalitéite mussen also déiselwecht oder wéinstens liéiert sinn. Eng Demande vun all den implizéierte Verantwortleche muss bei der Com-

mission nationale agereecht ginn, éier datt d'Interconnexioun ka realiséiert ginn.

Den Zweck vun esou enger Interconnexioun ass wéi folgt beschriwwen: "L'interconnexion de données doit permettre d'atteindre des objectifs légaux ou statutaires présentant un intérêt légitime pour les responsables des traitements, ne pas entraîner de discrimination ou de réduction des droits, libertés et garanties pour les personnes concernées, être assortie de mesures de sécurité appropriées et tenir compte du type de données faisant l'objet de l'interconnexion."

Et ass gutt, dass den Zweck an d'Konditioune vun esou enger Interconnexioun express am Projet de loi festgehale goufen. Eng generell Referenz op d'Finalitéitsprinzipie vun den Artikele 4 a 5, wéi dat d'Commission de Venise vum Conseil de l'Europe virgeschloen huet, geet menger Meenung no net duer. Bei der Autorisatiounsprozedur kann eng Demande respektiv eng Genehmegung fir e puer Traitementer, déi deeselwechten Zweck viséieren, déiselwecht Donnéeën an déiselwecht Destinatioun betreffen, gemaach ginn.

D'Demande muss bei der Commission nationale agereecht ginn a bestëmmten Informatioune beinhalten. Et si grosso modo déiselwecht Informatioune wéi bei der Notificatiounsprozedur. Op zwee Punkten, besonnesch bei de Sécherheetsvirkéierungen, gi méi detailléiert Prezisioune gefrot.

Per Règlement grand-ducal kënnen dräi Zorte vun Traitementer autoriséiert ginn: Éischtens, Traitementer iwwert d'Prévention, Recherche, Constatation d'infractions pénales, sief et vun der Police, den Douanesautoritéiten oder der Inspection générale de la police. Wéi schonns gesot bleiwen déi Prévention, Recherche, Constatation d'infractions pénales de Bestëmmunge vum Code d'instruction criminelle ënnerworf. D'Poursuite vun de Strofdoten ass gesonnert am Artikel 8 geregelt.

Zweetens, Traitementer iwwert d'Sûreté, d'Défense a Sécurité publique mussen och per Règlement grand-ducal autoriséiert ginn.

Drëttens, Traitementer am Kader vun Interpol, also der Organisation internationale de police criminelle.

Traitementer, déi iwwer Règlement grand-ducal autoriséiert ginn, ënnerleien der Kontroll net vun der Commission nationale, mä vun enger spezieller Autoritéit, déi aus dräi Membre besteet: de Procureur général d'Etat oder säi Représentant, dee se presidéiert, an zwee Membre vun der Commission nationale.

Traitementer, déi vun der Commission nationale autoriséiert, déi un d'Commissioun notifiéiert ginn an déi vum Chargé de la protection des données iwwerwaacht ginn, mussen an engem Registre public agedroe ginn, wou jidderee gratis d'Informatiounen zu dësen Traitementer - ausser iwwert d'Sécherheetsmoossnamen - ka matgedeelt kréien.

Weider Informatiounen a besonnesch d'Situatiounen, an deenen dëse Register net ka consultéiert ginn, fannt Der am Artikel 15.

De Gesetzesprojet gesäit eng extern Kontroll duerch d'Commission nationale an eng intern Kontroll iwwert de Chargé de la protection des données vir. D'Commission nationale pour la protection des données ass en onofhängegen Etablissement public a besteet aus dräi Memberen, ee President an zwee effektiv Memberen, an aus dräi Membres suppléants. D'Membre gi vum Grand-Duc fir sechs Joer genannt. Virun all Révocation muss en Avis vun der Commission nationale virleien. Si muss dann net nëmmen ëm en Avis gefrot ginn, si muss och d'Propositioun, e Member ze révoquéieren, aviséieren. Dat ass eng Garantie, fir d'Onofhängegkeet vun der Commission nationale ze stäerken. De Statut vun de Membre vun der Commission nationale gläicht deem vum Ombudskomitee fir d'Rechter vum Kand.

D'Commissioun nationale ass déi Institutioun, déi d'Anhale vum Dateschutzgesetz kontrolléiert. Si veröffentlecht e Rapport, dee vun der Commission consultative des droits de l'homme aviséiert gëtt. Dësen Avis war vu Verschiddene gefrot ginn, fir e kritesche Bléck op d'Aktivitéite vun der Commission nationale ze werfen. Sou kritt och déi Commission consultative des droits de l'homme, déi duerch Arrêté minsteriel vum 26. Mee 2000 an d'Liewe geruff gouf, eng gesetzlech Basis, och wann de Statsrot gemengt huet, d'Dateschutzgesetz wier net déi ideal Plaz fir déi Kommissioun ze legaliséieren.

D'Commission nationale kann Disziplinarstrofe géint e Verantwortlechen, dee géint d'Dateschutzgesetz verstéisst, verhänken. Se huet och international Fonctiounen a schafft an engem Groupe de travail, deen am Artikel 29 vun der Direktiv virgesinn ass.

De Contrôle interne féiert de Chargé de la protection des données duerch. De Verantwortleche vum Traitement kann, muss awer net esou e Chargé nennen. Subsidiaritéit a Komplementaritéit zeechnen d'Missioune vum Chargé de la protection des données aus. En ass méi no um Terrain wéi d'Commission nationale an e muss mat där Institutioun zesummeschaffen. De Chargé de la protection des données kann nëmmen d'Traitementer iwwerwaachen, déi enger Notificatioun ënnerleien. Hien huet kee Pouvoir fir d'Traitementer ze autoriséieren. De Chargé iwwerwaacht d'Traitementer, e kann dem Verantwortlechen Informatiounen oder Rotschléi ginn, wéi d'Traitementer duerchgefouert musse ginn.

De Chargé ass onofhängeg. Hie ka kee Salarié vum Verantwortleche vum Traitement sinn. Hie gëtt zwar vum Verantwortleche genannt, muss awer vun der Commission nationale agréeiert ginn. Dësen Agrément kann natierlech och zréckgezu ginn. D'Bedingungen, fir Char-

gé de la protection des données ze ginn, sinn déi folgend: Et muss een en Universitéitsdiplom am Droit, Wirtschaft, Betribswirtschaft, Naturwëssenschaften oder Informatik hunn an eng Assise financière vun 20.000 Euro opweisen. Ouni Bedingunge kënnen agrééiert ginn: Avocats à la cour, reviseurs d'entreprises, experts comptables an Dokteren. Dës Lëscht kann duerch Règlement grand-ducal natierlech ergänzt ginn.

De Chargé de la protection des données huet also eng wichteg Roll an et soll een déi Fonctioun net einfach sou op déi liicht Schëller huelen.

Här President, dat waren déi wichtegst Deeler vum Gesetzesprojet 4735. Et gëtt och nach aner Bestëmmungen, déi ech aus Zäitgrënn net erwähnt hunn. Hei kann ee besonnesch d'Bestëmmungen iwwert den Transfert vun Donnéeën ausserhalb vun der Unioun, Artikel 18 bis 20, wou mer d'Direktiv bal wuertwiertlech iwwerholl hunn, an den Artikel 41 erwähnen.

Den Artikel 41 erlaabt et, a verschiddene Fäll, de Justizautoritéiten an de Sécherheetsdéngschter wéi d'Protection civile oder Stadter Beruffspompieren iwwert den Institut luxembourgeois de régulatioun, den ILR, Zougrëff op Donnéeën ze kréien, déi vun Opérateurs de service de communication électronique oder der Poste gehale ginn.

Här President, ech wéilt den Iwwerbléck vum Gesetzesprojet mat e puer Remarken ofschléissen. Dëse Projet ass duerch zwee, a priori entgéintgesaten Elementer a Richtunge gekennzeechent. Éischtens, d'Flexibilitéit am Kader vum Aktiounsradius vun der Commission nationale an duerch d'Reglementer, déi am Projet de loi virgesi sinn. Dat ass noutwendeg fir dat Gesetz ëmmer den technesche Gegebenheeten unzepassen.

Zweetens, duerch eng gewësse Rigueur, déi besonnesch bei de strofrechtleche Mesuren a bei der Action en cessation vum Artikel 39 duerchbléckt. Et geet jo ëm d'Grondrechter vun de Leit. Dës zwou Richtungen illustréieren den Equiliber, dee sech an alle Bestëmmunge vum Projet de loi erëmfënnt, tëschent de Grondrechter vun der betraffener Persoun, op där enger Säit, an de Missioune vum Verantwortleche vum Traitement, op där anerer Säit.

Dann hu mer et virgezunn, en eenzegt Gesetz ze maachen, amplaz sektoriell Dateschutzregelungen opzestellen. An engem Text ka souwuel de Verantwortleche wéi déi betraffe Persoun Iwwersiicht hunn iwwer hir respektiv Rechter a Flichten. Sektoriell Regelungen hätten net zu enger besserer Lisibilitéit vun den Dateschutzbestëmmunge bäigedroen.

Schlussendlech wéilt ech ervirhiewen, dass d'Commission de Venise vum Conseil de l'Europe eise Projet de loi aviséiert huet. D'Commentairë vun där Kommissioun sinn zwar spéit, vill ze spéit agereecht ginn, fir am schrëftleche Rapport ernimmt kënnen ze ginn. Sëllech Punkte ware schonn an der Mediekommissioun diskutéiert ginn, bei aner Proposen hu mer eng aner Approche gewielt, wéi zum Beispill bei de Sanktiounen, déi mer net wollten an engem eenzegen Artikel regroupéieren.

Nach bei aner Propose vun der Commission de Venise war et net méiglech se ze iwwerhuelen, zum Beispill bei den Transfertbestëmmungen, wou d'Commission de Venise gefrot hat, firwat d'Zilland ausserhalb vun der Europäescher Unioun leie muss. D'Direktiv gesäit et esou vir, an et wär och incompatibel gewiescht mat den europäesche Grondregele vun der libre circulation à l'intérieur de l'Union européenne, oder de la Communauté européenne.

Och d'Commentairen iwwert d'Interconnexion konnten, wéi ech dat scho gesot hunn, net iwwerholl ginn.

Här President, mir hunn an enger Dose Kommissiounssëtzungen dëse Projet de loi grëndlech duerchdiskutéiert. Déi éischt war den 9. Mäerz 2002, déi lescht den 10. Juli 2002, wou mer mäi schrëftleche Rapport unanime ugeholl hunn. Mir hunn nach eng sëllech Amendementen, souwuel de 5. Juni wéi och de 4. Juli agereecht. Dës Amendemente goufe vum Statsrot den 2. respektiv den 9. Juli aviséiert. Mir sinn all dem Statsrot dankbar, fir de Projet de loi haut diskutéieren an ofstëmmen ze kënnen. Ouni dem Statsrot seng séier Aarbecht, déi zugläich grëndlech war, hätte mer d'Gesetz haut net kënnen ofstëmmen.

Firwat war et sou wichteg, haut nach d'Gesetz ze stëmmen? Den Délai, fir d'Direktiv ëmzesetzen, ass de 24. Oktober 1998 ofgelaf. Lëtzebuerg ass de 4. Oktober 2001 vum Europäesche Geriichtshaff condamnéiert gi wéinst feelender Ëmsetzung vun der Direktiv. Wa mir eis eng zweete Kéier veruerteele gelooss hätten, an d'Europäesch Kommissioun huet de leschte 4. Juni eng Requête an deem Sënn abruecht, hätte mer vum Europäesche Geriichtshaff eng Astreinte operluegt kritt, bis mer d'Direktiv an eis Législatioun ëmgesat hätten. Ech wéilt all Member vun der Kommissioun, dee sech un dëser schwiereger Diskussioun bedeelegt huet, an de Mataarbechter aus dem Ministère an der Chamber mäin ausdréckleche Merci fir hir Hëllef ausdrécken.

Wéi ech scho gesot hunn, ass den Artikele 11 iwwert d'Surveillance au milieu du travail vun der Commission du Travail et de l'Emploi aviséiert an och amendéiert ginn. Och hire Memberen an dem Sekretär vun där Kommissioun mäi Merci.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech also bieden, dëse Projet de loi an där Versioun, déi mengem schrëftleche Rapport annexéiert ass, unzehuelen.

Ech soen lech merci fir Är gedëlleg Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marcel Glesener agedroen. Den Här Glesener huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Glesener *(CSV).-* Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, spéitstens nodeem mer de schréftleche Rapport vu mengem Fraktiounskolleeg Patrick Santer virleien haten, ware mer eis am Kloren a konnten eis dovun iwwerzeegen, datt mer haut e ganzt wichtegt Gesetz géifen diskutéieren a mat Sécherheet och haut zur Ofstëmmung bréngen.

(Interruption)

Et gëtt vill méi wichteger, mä dat hänkt dovun of. Mat Sécherheet ass et kloer, datt de Projet, dee virläit, e ganzt wichtegt Gesetz ass, wat äusserst komplizéiert ass. Dat ass och bewisen doduerch, datt d'Kommissioun laang Diskussiounen hat a virun allem sech ausenanergesat huet mat ganz villen Amendementen, Virschléi, Uwennungen vu Säite vun de Beruffschamberen an och vu Säite vum Statsrot an dat ëmmer am Virfeld vu juristesche Contrainten, déi sech erginn opgrond vum EU-Recht. Opgrond vun der Entwécklung vun 1979 un, wou mer dat neit Dateschutzgesetz hei reforméiert hunn an opgrond vun EU-Direktiven, huet sech ganz kloer erwisen, datt mer virun engem onverzichtbaren Handlungsbedarf stungen.

Fir am Numm vu menger Fraktioun, mä och am Numm vun der ganzer Kommissioun kënnen ze schwätzen, kommen ech net ëmhin, fir d'Aarbecht vun eisem Rapporteur, dem Kolleeg Patrick Santer, ervirzesträichen. Hien huet wierklech eng formidabel Aarbecht gemaach, eng ganz komplizéiert Aarbecht bewältegt, et war net einfach. Ech ka soen, esou wéi déi Debatte gelaf sinn, wäre mer mat Sécherheet nach net haut virun d'Chamber komm mat esou engem klore Rapport, wann de Patrick Santer sech net esou an déi ganz Matière ageschafft hätt. De schréftleche Rapport gëtt Zeugnes vun enger ganz gudder Aarbecht a mat Sécherheet huet de Kolleeg Santer seng Meeschterprüfung domat mat Bravour ofgeluegt. De schréftleche Rapport, deen hien elo virgedroen huet, ënnersträicht dat, wat mir an der Kommissioun während laange Sitzungen, oft a schwieregen Diskussiounen, awer da schlussendlech konnten zu engem Resultat bréngen.

Kolleeginnen a Kolleegen, eng wichteg Neierung, déi an dësem Projet steet, huet en direkte Bezuch op d'Aarbechtsrecht zu Lëtzebuerg a betréfft d'Iwwerwaachung, d'elektronesch Iwwerwaachung op der Aarbechtsplaz. Et feelt an dësem Moment nach un diesbezügleche gesetzleche Bestëmmungen, an opgrond vun zunehmenden Produktiounsverbesserungen, vu Produktivitéitsverbesserungen, déi an de Betriber stattfannen, gëtt ëmmer méi Recours geholl op fundéiert Etüden, déi zum Resultat hunn, datt Réckgréff geholl gëtt op Miessungsméiglechkeeten elektronescher Aart. Datt dat natierlech Afloss huet a kann hunn, an d'Intimsphär vun deene Leit, déi an de Betriber schaffen, ass net auszeschléissen, an an Ermangelung vu gesetzleche Bestëmmungen huet sech opgrond vun där Tatsaach schonn eleng Handlungsbedarf erwisen.

Doriwwer eraus hu mer och festgestallt, datt et noutwenneg wier, datt mer géife légiféréieren an datt mer effektiv virun engem gesetzleche Vide géife stoen opgrond vun engem Fait, dee sech am Joer 2000 ofgespillt huet, deen och zu villen Diskussiounen hei zu Lëtzebuerg Ulass ginn huet. Ech well lo net an den Detail goen, mä Dir kënnt lech erënneren: Et war eng gréisser Entreprise, e gréisseren Akafszentrum hei zu Lëtzebuerg, wou plötzlech festgestallt ginn ass, datt an den Openthaltsraim vun der Belegschaft verstoppte Kameraen ausfindeg gemaach gi sinn an och déi Raim benotzt gi sinn, wou d'Leit mat hire Gewerkschafte Gespréicher gefouert hunn, wou se iwwer Problemer vun hirer Aarbecht an och aner Problemer diskutéiert hunn, an et huet sech d'Fro gestallt: Ass dat zoulässeg, datt ee Betrib, ouni datt d'Leit Bescheed wëssen, d'Leit op esou Plazen iwwer, duerch a mat Kameraen iwwerwaacht? Dat ass relativ staark contestéiert ginn; et ass vill driwwer diskutéiert ginn an et huet och dozou gefouert, datt eng parlamentaresch Ufro am August 2000 un den zoustännegen Aarbechtsminister geriicht ginn ass, fir Opklärung ze kréien iwwert dee Fait, dee jo awer eemoleg war an der jüngster Geschicht hei zu Lëtzebuerg. De Minister huet relativ schnell konnten Äntwert ginn op déi parlamentaresch Fro, woubäi en dann huet misse feststellen, datt opgrond vun Enquêten, déi vun der Gewerbeinspektioun gemaach gi sinn, et ganz gutt wier, datt dat geschitt ass, well effektiv keng gesetzlech Bestëmmungen do si fir esou Situatiounen an de Grëff ze kréien an ze eliminéieren. Doduerch huet sech erwisen, datt et noutwenneg wier, datt effektiv Handlungsbedarf besteet, datt reglementéiert gëtt, wéini, wou an ënner welche Konditiounen op der Aarbechtsplaz Kameraen opgestallt kënne ginn, fir d'Personal ze iwwerwaachen.

Den zoustännegen delegéierte Kommunikatiounsminister, deen zoustänneg fir dëst Gesetz ass, ass Gott sei Dank och Aarbechtsminister, a well en als Aarbechtsminister mat där Situatioun konfrontéiert war, war en och der Meenung, datt de Moment opportun wier, dëst Gesetz ze reforméieren, obschonns mer opgrond vun der EU-Direktiv net forcéiert sinn, dee Volet do gesetzlech ofzesécheren, mä en huet fonnt, datt dës Geleeënheet eng gutt wier, fir och Rechtssécherheet ze schafen am Zesummenhank mat elektronescher Iwwerwaachung op der Aarbechtsplaz, an dat mat an dëse Projet anzefügen.

Deemzufolge huet de Minister, huet d'Regierung, den Artikel 11, deen de Rapporter lo schonn hei virgestallt huet, an dëst Gesetz afléisse gelooss, wat vu virewech di-

rekt eng wichteg Neierung duergestallt huet am Aarbechtsrecht. Dat war Ulass, datt mer an der zoustänneger Kommissioun Aarbecht a Beschäftegung der Meenung waren, datt mer eis virun allem mat deem Gesetzestext, mat deem Artikel méi eingehend géife befaassen, an datt mer am Zesummenhank mam Aarbechtsrecht géife kucken, ob et gutt wier, ob et opportun wier, fir lo, an dësem Moment an an dësem Gesetz, ze légiféréieren. Dat virun allem och, well mer gesinn hunn, datt d'Avise vun den zoustännege Beruffschamberen, déi direkt mat där Problematik konfrontéiert sinn, ënnerschiddlecher Aart waren.

D'Beruffschambere vum Patronat waren der Meenung, datt déi Bestëmmungen, wéi d'Regierung se géif virgesinn am Artikel 11, net kloer genuch wieren, ënner anerem, a waren der Meenung, datt ee lo net sollt légiféréieren. Vläicht waren och nach aner Ursaachen do, fir net wëllen ze légiféréieren, mä do wëll ech keng Ënnerstellunge maachen. Dat wëll ech lo mol op der Säit loossen.

Wat awer interessant war festzestellen, dat war, datt d'Salariatsberuffschamberen ënnerschiddlecher Meenung waren. D'Arbeiterkammer huet kategoresch Nee gesot a gesot net ze légiféréieren, well, wa mer légiféréieren, da maache mer d'Dier op fir Abüen, déi net am Intérêt si vun den Arbeitnehmer an op Käschte vun den Arbeitnehmer da Problemer kënnen entstoen. Also, e kategoreschen Neen vu Säite vun der Arbeiterkammer.

D'Privatbeamtechamber huet e vill méi nuancéierten Avis gemaach a gesot, et ass wichteg an noutwenneg, datt mer légiféréiere fir Rechtssécherheet ze kréien, wéini, wou an ënner welche Konditiounen lwwerwaachung ka stattfannen, fir awer och dofir ze suergen - an do hu se eng Rei vu Propositioune gemaach -, datt esou eng lwwerwaachung nëmme ka geschéie mat Averständnis vun deene Leit, ëm déi et geet, éischtens, datt d'gewerkschaftlech Organisatioune matabezu ginn an d'Décisiounen an doriwwer eraus, datt mat alle Mëttele misst verhënnert ginn, datt Abüe kënne geschéien, déi kéinten zum Nodeel vun der Aarbechtssécherheet vun deenen eenzelne Leit féieren.

De Statsrot hat och eng ganz Rei vu Bedenke fir lo ze légiféréieren a virun allem huet hien d'Objectiounen dohinner geriicht, datt e gesot huet, datt déi Direktiv misst applikabel gi fir d'Gesamtheet an opgrond vun deem Text, wéi e virlong, wier d'Fonction publique ausgeschloss aus dem Champ d'application, well och beim Stat an der Fonction publique et keng Comité-mixtë gëtt an net déi Delegatioune gëtt, wéi se am Aarbechtsrecht vum Privatsecteur enthale sinn.

Doriwwer eraus war och d'Beruffschamber vun der Fonction publique der Meenung, datt eng lwwerwaachung keng Auswierkunge kéint hunn op d'Gehalt vum eenzelnen Employé. Dat géif geregelt ginn iwwert de Statut vum Employé public, soudatt och d'Fonction-publique-Chamber der Meenung war, et wier vläicht genau sou gutt, net ze légiféréieren, a sech un de Statsrot ralliéiert huet, fir dee Problem gesonnert ze behandelen an ze iwwerleeën, dass dat nach misst méi ausgeräift sinn, fir ze légiféréieren.

Mir sinn awer an der Kommissioun no laangen Diskussiounen zur Konklusioun komm, datt all déi Argumenter, déi ugefouert si ginn, fir net ze légiféréieren, net stéchhalteg genuch wieren, par rapport zum Handlungsbedarf, deen onverzichtbar ass a besteet, fir elo Kloerheet ze schafen, wéini, wou an ënner welche Konditiounen iwwerwaacht ka ginn, fir ze verhënneren, datt awer sou lwwerwaachunge stattfannen, ouni datt eng Méiglechkeet do ass, fir sech dogéint ze wieren a fir dogéint virzegoen.

Dofir ware mer der Meenung, datt et opportun wier, effektiv lo d'Geleeënheet ze benotzen a Rechtssécherheet ze schafen an ze légiféréieren. Mir hunn et och fäerdeg bruecht, opgrond vu Propositiounen, déi mer gemaach hunn, d'Bedenke vum Statsrot aus der Welt ze schafen an auszeraumen. Ech kommen nach duerno drop zréck. Mä virun allem hu mer eis an der Kommissioun mat der Regierung, zesumme mam Aarbechtsminister, orientéiert, no den lwwerleeunge vun der Privatbeamtechamber.

Opgrond vun deenen lwwerleeungen an opgrond awer och vun eegene Virstellungen a Propositiounen, déi mer an der Kommissioun gemaach hunn, si mer da schlussendlech zum folgende Resultat komm: Et war kloer, datt éischtens definéiert muss ginn, wéini an opgrond vu welche Bedürfnisser a Bedingungen d'Arbeitnehmer op der Aarbechtsplaz elektronesch iwwerwaacht kënne ginn. Éischtens kann dat nëmme geschéien, wann et am Intérêt ass vun der Sécherheet a vun der Gesondheet vum Arbeitnehmer. Zweetens, wann et noutwenneg ass am Zesummenhank mat der Protectioun vun den Anlage vum Betrib. Drëttens, wann et noutwenneg ass, datt de Produktiounsprozess vun de Maschinne muss iwwerwaacht ginn, fir se eventuell méi sécher ze gestalten, fir se ze verbesseren. Véiertens, wann et noutwenneg ass Produktiounsprozesser ze iwwerwaachen, a wann et déi eenzeg Méiglechkeet ass fir d'Rémunératioun vun deem Betreffende festzeleeën. Fënneftens, am Kader vun der Organisatioun vum Horaire mobile conformément zu de gesetzleche Bestëmmungen, déi mer scho getraff hunn 1999 am PAN-Gesetz.

Dobäi war et eis awer wichteg kloerzestellen, datt éischtens nëmmen déi lwwerwaachungen do kënnen an däerfe stattfannen, wann déi betreffend Persoune virdrun informéiert sinn an informéiert ginn, datt also keen iwwerwaacht gëtt, deen net weess, datt sou lwwerwaachunge stattfannen. Zweetens - an dat ass wichteg -, datt de toute façon ëmmer de Comité mixte an d'Delegatioun vun de Betriber iwwer sou lwwerwaachungen informéiert

ginn, se also mat diskutéiere kënnen iwwert d'Zweckméissegkeet an doriwwer eraus, datt a bestëmmte Fäll d'Décisioun net dem Betrib eleng opläit, mä eng Codécisioun kann a muss si mam Comité mixte, wou da Vertrieder vun deene betreffende Persounen, ëm déi et geet, mat bestëmme kënnen, ob an ënner welche Konditiounen, wéi a wou sou lwwerwaachunge stattfannen. De Comité mixte huet also Décisiounsgewalt iwwert d'Zweckméissegkeet an iwwert d'Aart vun esou lwwerwaachungen, wann et ëm d'Sécherheet an ëm d'Gesondheet vun de Leit geet. Wann et drëm geet, fir d'Rémunératioun festzeleeën duerch d'lwwerwaachung vun de Produktiounsprozesser, muss och de Comité mixte mat décidéiere kënnen, an doriwwer raus, wat d'Organisatioun vum Horaire mobile betrëfft. Also, et sinn déi dräi wichtegst Momenter, wou et noutwenneg ass, dass de Comité mixte d'Décisiounsgewalt huet, an net de Betrib unilatéral décidéiere kann, datt lwwerwaachunge stattfannen.

Dann hu mer och an de Gesetzesprojet mat erabruecht - fir den Objectioune vum Statsrot entgéintzewierken an déi Bedenken auszeraumen -, datt och an deene Fäll an der Fonction publique de toute façon all déi Organisme vun der Représentatioun vum Personal, déi duerch déi Reglementer, déi bestinn, festleien, consultéiert musse ginn, informéiert ginn a mat berode musse kënnen iwwert d'Zweckméissegkeet vun lwwerwaachungen och an der Fonction publique an all deene connexë Betriber, an doriwwer, wéi se stattfannen an ënnert welche Konditiounen.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, dat waren u sech déi Bedenken an Objectiounen, déi mer haten, an der zoustänneger Kommissioun. Et waren och dat eis Propositiounen, déi mer gemaach hunn. Et sinn, wéi de Patrick Santer gesot huet, all déi Amendementen, all déi Verbesserungen zum ursprünglechen Text, déi d'Resultat si vun deem, wat ech elo gesot hunn, an déi dann och vun der Regierung iwwerholl gi sinn, an dono och ouni Objectioun vum Statsrot approuvéiert gi sinn, soudatt opgrond vun dëse gesetzleche Bestëmmunge mir lo dovunner ausgoe kënnen, datt keng willkürlech lwwerwaachungen op der Aarbechtsplaz méi stattfanne kënnen, datt dat ausgeschloss ass, an lwwerwaachungen net benotzt kënne ginn am Désintérêt vum Personal, zu ongonschte vum Personal, datt de toute façon ëmmer an ënner alle Konditiounen d'Personal informéiert muss sinn, an doriwwer eraus och d'Vertrieder vum Personal, dat heescht d'Gewerkschaften, iwwert de Comité mixte d'entreprise Informatiounsrecht a Matentscheedungs- a Matbestëmmungsrecht kréien, och iwwert d'Konsequenzen an d'Schlussfolgerungen, déi opgrond vu sou lwwerwaachunge stattfannen.

Deemzufollech konnte mer mat rouegem Gewëssen deem doten zoustëmmen, well mer der Meenung sinn, datt et méi richteg ass, datt et besser ass, dass et virdeelhaft ass, och am Intérêt vun de Leit, déi an de Betriber schaffen, wann et kloer gesetzlech Bestëmmunge ginn, mat Contrainten, déi déi lwwerwaachung regelen.

Et sinn awer dräi Froen, déi nach ugeschnidde gi sinn, déi ech nëmme kuerz erwähne wëll, deene spéider vläicht méi Rechnung gedroe muss ginn, wa mer eng Kéier eng Diskussioun féieren iwwert d'Tëleaarbecht. Och do weise sech aner Problemer vun lwwerwaachung, well et do méi an d'Intimsphär erageet, a virun allem wat d'Heemaarbecht betrëfft. Wéini an ënner welche Konditioune kann de Lieu de travail - deen dann eventuell d'Stuff ass doheem oder iergend e Raum an enger Privatwunneng - wéi wäit, wéini a wou iwwerwaacht ginn? Doriwwer raus muss ee sech och Gedanke maache bei enger zukünfteger Reform vum Gesetz iwwert d'Matbestëmmungsorganer, iwwert d'Gesetz vum Comité mixte, ob een net - an et ass mat Sécherheet noutwenneg, virun allem, wann ee gesäit, datt d'Tëleaarbecht ëmmer méi zouhëlt, datt d'Heemaarbecht keen Tabu méi ass - d'Befugnisser vun de Vertrieder vum Salariat verbessert. Mir wäerten d'Geleeënheet kréien, an engem Débat d'orientation hei an der Chamber am November iwwert déi Froen ze diskutéieren, wann et drëm geet, iwwert den Dialog social tout court, der Regierung nei Indikatiounen ze ginn, nei Propositiounen ze maachen, déi dozou féiere sollen, datt - wéi gesot - d'Ausschussgesetz, d'Delegatiounsgesetz, d'Matbestëmmungsgesetzer an doriwwer eraus och nach anerer der heiteger Zäit entspriechend reforméiert sollen a musse ginn.

Dat gesot, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, hu mer an der Kommissioun de Rapport pour avis an där Form ofgeschloss, andeem mer eis Satisfactioun zum Ausdrock bruecht hunn, datt déi Observatiounen an déi Virschléi, déi mer gemaach hunn, integral matiwwerholl gi sinn. Domat konnte mer och eis Zoustëmmung ginn zu deem Aspekt - wéi gesot e wichtegen Aspekt -, deen an d'Aarbechtsrecht agräift.

Da bleift mer nach als Ofschloss ze soen, datt zu deem ganze Gesetz selbstverständlech d'CSV-Fraktioun hir Zoustëmmung gëtt. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Chamber dëse Gesetzesprojet haut stëmmt, da kritt Lëtzebuerg en neit Dateschutzgesetz. Dat ass net vu Muttwëll. Déi bestehend Texter, déi eigentlech haut nach gëllen, oder gëlle missten, ginn zu engem groussen Deel op den 31. Mäerz 1979 zréck, dat éischt Dateschutzgesetz hei zu Lëtzebuerg. Mat deem heiten Text gëtt deen alen Text abrogéiert, seng Ausféierungsbestëmmunge bleiwen nach a Kraaft bis nei Ausféierungsbestëmmunge geholl sinn.

Bei dësem Projet handelt et sech gréisstendeels ëm eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv vun 1995, déi der virechter Regierung - deemools war et nach eng Zoustännegkeet vum Justizminister - net gelonge war. Den Här Fischbach, an engem éischte Worf, hat probéiert, fir eng deelweis Ëmsetzung ze maachen. Deen Text ass nach ënnert der virechter Regierung zréckgezu ginn. Dës Regierung huet dann - no der neier Opdeelung vun de Kompetenzen ass et de Kommunikatiounsminister, deen zoustänneg ass - en zweete Worf gemaach an dëse Gesetzesprojet virgeluegt, deen d'Ambitioun huet horizontal, also praktesch a sämtleche Secteuren, wou Dateveraarbechtung stattfënnt, Regelen hei zu Lëtzebuerg festzeleeën.

Et ass also héich Zäit ginn, dass mer an deem heite Beräich légiféréieren, net nëmme wéinst den europäeschen Obligatiounen, déi mer hunn, mä well am Fong e groussen Handlungsbedarf an deem ganze Beräich besteet. Den aktuellen Text vun 1979 ass komplett vun der Entwécklung an deene leschte Joren an der Informatiouns- an an der Kommunikatiounsgesellschaft iwwerrullt ginn. Am Moment toleréiert de Stat Gesetzesbréch eigentlech am groussen Ausmooss. Ech géif mengen, datt et kaum e Beräich gëtt, wou d'Strofbestëmmungen - well et si jo och Strofbestëmmungen am Gesetz vun 1979 dran - esou mat Féiss getrëppelt ginn, wéi dat an eisem Dateschutzgesetz vun 1979 de Fall ass, wat haut formal gesinn nach ëmmer en vigueur ass. Hei schéngt zumindest d'Null-Toleranz-Strategie nach net ze gräifen.

Dausende vun Datebanke sinn hei zu Lëtzebuerg net gemellt, net autoriséiert, an et kann ee schonn an engem gewëssene Mooss vun engem gewëssene Chaos an deem ganze Beräich schwätzen. Keen huet haut eng Ahnung, wéi vill esou Dateveraarbechtungen hei zu Lëtzebuerg stattfannen. Den Iwwerbléck iwwert d'Situatioun ass verluer gaangen iwwert déi lescht laang Joren an dëse Gesetzesprojet ënnerhëlt opgrond vun der europäescher Direktiv de Versuch - ech géif bal mengen, de verzweifelte Versuch -, d'Situatioun erëm einegermoossen an de Grëff kënnen ze kréien.

Als sozialistesch Fraktioun ënnerstëtze mer deen dote Versuch, och, wann ech soe muss, dass ech perséinlech relativ skeptesch sinn, dass mer et wierklech kënne fäerdeg bréngen, déi ganz Situatioun erëm vollkommen an de Grëff ze kréien. Ech hunn den Androck, dass den Zuch op de Schinnen ass, datt den Zuch fiert an dass mer probéieren, e mat engem Lasso erëm eng Kéier unzehalen. Ech fäerten, dass do Strécker räissen. Mä losse mer net ze pessimistesch sinn a loosse mer eis op dat konzentréieren, wat mer haut ze diskutéieren an ofzestëmmen hunn.

Mir bekennen eis als sozialistesch Fraktioun och zu de Grondgedanken, déi der Direktiv zugronn leien an déi sech och dann erëmfannen an deem Regierungsprojet iwwert den neien Dateschutz hei zu Lëtzebuerg.

Den Ausgangspunkt vun der Direktiv - et ass interessant dat kloer ze ënnersträichen - ass net de Schutz vum Eenzelne géint de Mëssbrauch vun Daten, déi seng Persoun uginn, mä et handelt sech ëm eng Marché-intérieur-Direktiv. An deem anere Fall hätt nämlech och d'Kommissioun keng Zoustännegkeete gehat. Hei geet et also an éischter Linn bei der europäescher Direktiv drëm dofir ze suergen, dass den europäesche Bannemaart sech voll entfale kann, dass e sech voll realiséiere kann, dass d'Transmissioun vun Date méiglechst fräi circuléiere kann, an dass et net duerch verschidden national Regelen, déi den Dateschutz oder d'Transmissioun vun Donnéeën uginn, zu Konkurrenzdistorsiounen tëschent deenen eenzelne Länner oder tëschent eenzelne Betriber kënnt. Dofir also déi Vereenheetlechunge respektiv Harmoniséierunge vun den nationale Bestëmmungen, wat d'Dateveraarbechtung an Europa ugeet.

Et ass also an deem Kontext vun enger Marché-intérieur-Direktiv, wou sech och d'Kommissioun, d'Europaparlament, de Ministerrot ausenanergesat hunn a missten ausenanersetze mat de Schutzbestëmmunge fir perséinlech Rechter a Fräiheeten ze garantéieren.

Den Numm vum Projet de loi ass e bëssen irreführend, well en eigentlech déi éischt Komponent, déi fräi Transmissioun vun den Donnéeën, wat eng vun den Zilsetzunge war um europäesche Plang, net erëmhëlt, mä ausschliesslech eigentlech hei vun Dateschutz schwätzt, respektiv vum Schutz vun der Persoun, an dass hir perséinlech Daten net mëssbraichlech benotzt kënne ginn.

D'Fro oder d'Froen, déi sech hei stellen an deem Zesummenhank, sinn also folgend: Wéi kënne mer de Prinzip vun der fräier Circulatioun vu perséinlechen Date mat dem Schutz vun der Privatsphär an Aklang bréngen? Wéi léisst sech Dateschutz mam Recht op fräi Meenungsäusserung an der Fräiheet vun der Press vereinbaren? Et muss een also e genaut Ofweie maache vun deene verschiddene Wäerter, Grondprinzipien, déi hei a Konkurrenz zueneen stinn, fir ze probéiere méiglechst eng ausgeglachen, eng logesch Léisung ze fannen.

Och musse mer et fäerdeg bréngen eng Rei vu Perséinlechkeetsrechter mat der technologescher Entwécklung ze verflechten an zu engem prekäre Gläichgewiicht ze bréngen. D'europäesch Direktiv huet dat grosso modo fäerdeg bruecht. Dat geet och aus den Aarbechten an den Diskussiounen am Europaparlament eraus bei deenen zwou Lecturen, déi do stattfonnt hunn, wou besonnesch bei där leschter Lecture iwwer all Bänken am Europaparlament Zoustëmmung war fir déi grouss Orientéierung vun där heiter Direktiv an dat zumools, well d'Kommissioun hir éischt Kopie frësch geschriwwen hat, no enger éischter Debatt an deemselwechten Europaparlament.

D'Direktiv fixéiert also en akzeptablen, e relativ héije Schutzniveau fir d'Persounen, dee conforme ass zu der

Konventioun 108 vum Europarot, wat d'Dateveraarbechtung ugeet. Dat ass gutt esou an dat spigelt sech an enger Rei vu wesentleche Merkmaler vun deem neie reglementaresche Kader erëm.

Fir d'éischt emol d'Recht op Informatioun, d'Noutwendegkeet, dass am Prinzip jidderee muss seng Zoustëmmung gi fir d'Dateveraarbechtung, de fräien Zougang zu den Daten, d'Recht sech ze opposéieren, wann een net wëllt, dass seng Daten zu engem gewëssen Zweck benotzt a veraarbecht ginn, d'Recoursméiglechkeeten, déi een huet bei enger neier Autoritéit, déi geschafe gëtt, respektiv bei de Geriichter an enger zweeter Phas, d'Iddi vun der Transparenz, déi verankert ass an deem ganz neie System. Dat alles si Punkten, déi eigentlech d'Positioun vum Bierger stäerken, géigeniwwer enger exzessiver Dateveraarbechtung a méigleche mëssbraichleche Benotzunge vu perséinlechen Donnéeë vun de Leit.

Date sammlen a besonnesch d'Dateveraarbechtung, well et ass déi, déi hei viséiert ass duerch deen neien Text, muss enger legitimer Zilsetzung entspriechen. Dat ass de Grondgedanken, deen där ganzer Législatioun an den europäesche Bestëmmungen zu Grond läit. Mä - an dat ass mäin eigentlechen éischte wichtege Punkt - et geet net duer Regelen ze fixéieren, Gesetzer ze stëmmen, Reglementer ze verabschieden, et geet besonnesch an deem heite Fall drëm, dass een et fäerdeg bréngt an deenen nächste Méint a Joren déi Regele bekannt ze maachen, dass een dofir suergt, dass déi Regele verstane ginn, dass se akzeptéiert ginn, an dass se da schlussendlech respektéiert gi vun de Leit, vun all deenen, déi Dateveraarbechtung hei am Land maachen.

Duerfir muss eng absolut Prioritéit geluegt ginn op déi grouss Efforte bei der Opklärung, bei der Informatioun vun de Bierger, vun alle Responsablë vun Dateveraarbechtungen, well soss wäert deen heiten Text vu vir eran doudege Buschtaf bleiwen. Et geet och drëm, dass ee sech staark Kontrollorganer oder -mechanisme gëtt, fir d'Iwwerwaachung vun der Gesetzesausféierung kënnen duerchzeféieren.

Dozou gehéiert d'Schafe vun enger nationaler Kommissioun, en Etablissement public, deen onofhängeg ass, dee reell Befugnisser huet, deen also agräifen an disziplinaresch Moossnamen huele kann. Entgéint der éischter Versioun ass den Text elo esou ëmgeännert ginn am Kader vun den Diskussioune bei eis an der zoustänneger Kommissioun, dass déi national Kommissioun weiderhi muscléiert bleift, dass se net also e rengt konsultatiivt Organ ass, mä dass se en Organ ass, wat kann Décisiounen huelen an duerfir suergen, dass de Gesetzestext respektéiert gëtt. Mir hunn awer dofir gesuergt, datt et net zu enger Confusioun kënnt vun administrativen a juridictionnelle Fonctiounen. Déi sollen de Geriichter weiderhi reservéiert bleiwen.

Et ass also wichteg, dass een opkläert, informéiert an duerfir suergt, duerch déi néideg Mechanismen, dass d'Ausféierung vum Gesetz herno stattfënnt. Dat ass eng wesentlech Differenz zu der bestehender Gesetzgebung vun 1979, wou eigentlech net Suerg gedroe gi war an deem Moment - mä keen huet wahrscheinlech déi rasant am Informatiounsberäich virausgesinn -, dass déi dote Viraussetzungen erfëllt sinn.

Vun engem System vun der Autorisation préalable, wéi mer en haut am Gesetz kennen, geet de Gesetzesprojet op de System iwwer vun enger einfacher Notificatioun als Regel, mat nach speziellen Autorisatiounen, wann et sech ëm sensibel Donnéeën handelt, respektiv iwwer eng Autorisatioun iwwer Règlement grand-ducal, wat eenzel staatlech an hoheitsrechtlech Domänen ugeet. Dat mécht et méi einfach, well op jidde Fall déi nei Autoritéit net vu vir eran iwwerrullt gëtt vun enger Well vun Demanden, wou se misst eng Autorisatioun erstellen. Si ka sech an enger éischter Phas domadder begnügen, a ville Beräicher einfach déi Notificatiounen, déi se kritt, iwwer bestehend Dateveraarbechtungen ze sammelen, déi an de Répertoire ze féieren an dann eventuell am Fall vu Contestatiounen eréischt aktiv ze ginn.

Dat bréngt sécherlech eng Vereinfachung, wéi dee ganzen Text eng Differenzéierung mécht tëschent eenzelnen Hypotheesen an - dat fannen ech eppes Positives - ewell net méi eng Differenz mécht tëschent dem staatlechen an dem private Secteur. Hei gëtt e Regelwierk opgestallt, dat fir déi zwee Secteuren eigentlech soll d'selwecht fonctionnéieren, mat gewëssen Ausnahmebestëmmunge fir eenzel Felder.

Mä et soll een sech näischt virmaachen. Et besteet en immensen Ophuelbedarf an deem ganzen Domän an et gëtt eng kriddelech Situatioun, déi eigentlech ausser Kontroll geroden ass, a kuerzer Zäit wëllen an en neie legale Kader eranzedrécken.

Et muss een hei ganz kloer soen, wat déi praktesch Répercussioune sinn, net nëmme fir d'Betriber an d'Institutiounen, déi grouss Datebanken a grouss Dateveraarbechtung maachen, mä déi praktesch Répercussioune vun deem heiten Text fänken un am Klengen. Déi fänken u bei deenen Dausende vu Veräiner, déi mer am Land hunn, déi Karteie féieren, Fichiere féieren iwwert hir Memberen, geuerdnet no alphabetescher Reihenfolg, an déi ënnert déi nei Bestëmmunge falen. Déi mussen also an deenen nächste Méint eng Notificatioun maache bei der zoustänneger nationaler Kommissioun, wou se ugi wien de Responsablen ass, wou se ugi wat fir eng Zort vun Traitement dass se maachen, a firwat dass se deen Traitement maachen. Wa se dat net maachen, da si se strofbar a kënnen zu Geldstrofe vu relativ grousser Héicht veruerteelt ginn.

Et ass also esou, dass deen heiten Text och am Alldagsliewen, an net nëmmen an engem ganz enke Secteur,

wäert seng praktesch Répercussiounen direkt hunn. Duerfir ass et esou wichteg an duerfir insistéiere mer, dass déi Informatioun an déi Opklärung elo musse praktesch ugoen. Do kann net méintelaang gewaart gi bis et esou wäit ass. Hei si Strofbestëmmungen an Obligatiounen dra fir déi Leit, déi Dateveraarbechtung maachen, an dat geet schonn op engem relativ klengen Niveau un. Ausser d'Dateveraarbechtung, déi reng Privatzwecker verfollegt, fale praktesch sämtlech aner Zorte vun Dateveraarbechtung, wou e Fichier ugeluegt gëtt, ënnert déi nei gesetzlech Bestëmmungen. Dat wäert also direkt praktesch Auswierkungen hunn op d'Liewe vun deem Eenzelnen.

Fir d'Veräiner stellt sech d'Fro an Zukunft, wa se esou Datebanken opstellen - dat mussen se jo, fir hir Fichiere vun de Memberen emol nëmmen ze hunn -, wéi wäit se mussen de Consentement vun all eenzelnem Member froen, fir kënnen an déi Datebank do eranzekommen. Do si ganz vill terre à terre Froen, déi sech stellen, wou den Text net ëmmer eng Äntwert gëtt, a wou et wichteg ass, dass elo d'Virbereedungsaarbecht uleeft, fir dass dat do net vu vir eran e Flopp gëtt, an dass ee gesäit wéi dat do sech da ka praktesch ëmsetzen.

Informatioun iwwer Texter ass gutt, mä Hëllefstellung fir déi Leit, déi betraff si vun deenen heiten Texter, ass nach méi wichteg, well ech fäerten, soss gi vill Leit mat deenen heite gesetzleche Bestëmmunge ganz einfach net eens.

Am allgemengen, mengen ech, wëllt jiddferee verhënneren, dass dem George Orwell seng Schreckensvisioun vun "1984" Realitéit gëtt, mat dem grousse Brudder, deen alles iwwerwaacht, kontrolléiert an alles weess.

An enger entwéckelter an héich technologiséierter Informatiounsgesellschaft muss genügend Fräiraum bleiwe fir d'Privatliewen, de Respekt vum Eenzelnen a senger Privatsphär an op där anerer Säit ass d'Dateveraarbechtung esou e feste Bestanddeel gi vun eisem ganze wirtschaftlechen a gesellschaftleche Liewen, dass et do méiglech muss sinn dat weider kënnen ze entwéckelen, fir dass mer net hannendra geroden.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

Mir sinn also d'accord mat der Grondausriichtung vun deem heiten Text, och wa mer am Detail déi eng oder aner Kritik unzebréngen hunn. Ech wëll besonnesch a mengem perséinlechen an am Numm vu menger Fraktioun déi gutt Aarbecht vum Rapporteur, dem Här Patrick Santer, hei ervirhiewen, wéi ech mengen, dass mer als klenge Grupp an där Kommissioun ganz gutt zesumme geschafft hunn, dass do de Wëlle war, fir un dee komplizéierten, komplexen Text hei erunzegoen ouni Parti pris vu Parteisäit hier, mä mam Zil fir e méiglechst gudden a praktikablen Text herno erauszekréien, souwäit d'Direktiv eis dat méiglech gemaach huet.

Wéi gesi mer elo als Sozialisten d'Aufgabe vun engem modernen Dateschutzgesetz? Ech géif dat a véier Punkte wëlle résuméieren:

1. Dateschutz muss effektiv sinn, dat heescht e muss op wesentlech Bedrohunge reagéieren, e muss vollzugsgëeegent sinn an e muss enger wierksamer Kontroll ënnerleien;

2. Dateschutz muss risikogerecht ëmgesat ginn, dat heescht de Schutz muss an enger vernetzter an an enger an all Beräicher vum Liewe reechender Dateveraarbechtung nach garantéiert bleiwen;

3. Den Dateschutz muss verständlech ginn, dat heescht e muss einfach, iwwersiichtlech a kloer strukturéiert sinn;

4. Den Dateschutz muss attraktiv ginn. Den Opwand, dat heescht déi Flichten, d'Gestioun, Zäit a Geld, déi e muss leeschten, muss an engem vernünftege Verhältnis zum Ertrag stoen. Den Ertrag, dat heescht Selbstbestëmmung, Vertrauen a Sécherheet, déi een duerch deen dote System kritt.

Dëst Gesetz entsprécht net ganz - do solle mer eis näischt virmaachen -, mä nëmmen deelweis deenen dote Kritäre vun engem modernen a wierksamen Dateschutz. Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass et an den nächste Joren zu weideren Adaptatioune vun deenen heiten Texter muss kommen, opgrond vun der praktescher Erfahrung, mä awer och opgrond vun der gesellschaftlecher Entwécklung am Informatiounsberäich, déi net wäert op dem Niveau vun haut stoe bleiwen, mä sech wäert explosiounsaarteg nach an deenen nächste Jore weider entwéckelen, wou kee ka genau soen a wat fir eng Richtung dat higeet.

Am zweeten Deel vu menger Interventioun wollt ech kuerz op e puer Eenzelaspekter nach vun deem Gesetzestext ze schwätze kommen: d'Iwwerwaachung duerch Bild an Toun, d'Iwwerwaachung op der Aarbechtsplaz an den Dateschutz am Zesummenhang mat der Presse- an Informatiounsfräiheet, wat jo, mengen ech, e puer wesentlech Aspekter vun deem ganze Gesetzeswierk hei sinn.

Wat elo d'Iwwerwaachung duerch Bild an Toun ugeet, esou léisst d'Direktiv deenen eenzelne Memberstaten eng relativ grouss Marge fir ze décidéieren, wat de Champ d'application matériel vun där Direktiv soll sinn. D'Regierung - an ech fannen, dat ass net falsch an deem heite Fall - huet d'Optioun geholl, fir méiglech breet un déi Problematik erunzegoen a méiglechst all Froekomplexer, déi am Zesummenhang mat der Dateveraarbechtung stinn an déi e Lien zu der Direktiv hunn, wëllen an engem Gesetzestext ze traitéieren, och wann e puer Aspekter nach weiderhin duerch spéider Texter musse geregelt ginn.

Dat erkläert, firwat dass dëst Gesetz all Forme vu Festhale vu Biller am Toun berücksichtegt, déi et méiglech maache physesch Persounen oder eng Personne morale ze identifizéieren. Dat ass d'Definitioun vum Champ d'application op deem dote Punkt, wéi en am Gesetzesprojet festgehale ginn ass.

Mir sinn also hei matzen an deem ganz sensible Beräich vun der Kameraiwwerwaachung, vum Oflauschteren, vun den Tounopnahme voll dran. Et muss ee feststellen, dass mer haut zu Lëtzebuerg an deem dote Punkt praktesch keng Gesetzgebung hunn. Do huet sech eng Entwécklung niewent dem Text an zum Deel souguer, mengen ech, géint d'Texter gemaach an deene leschte Joren. Wann een emol kuckt wéi vill Kameraen esou lénks a riets dorueter stinn, net onbedéngt op öffentleche Plazen, mä bei privaten Haiser, déi oft awer zum Deel op den öffentleche Beräich mat eriwwer ginn. Alles dat werft Froen op, ob dat doten am Aklang steet mam Gesetz vum 11. August 1982 iwwert de Schutz vun der Privatsphär. E Gesetz, wat zu Lëtzebuerg nach ëmmer applicabel ass, an ech hoffen applicabel bleift.

Et muss een allerdéngs kucken a wéi fern déi Bestëmmunge missten hei liicht ëmgeännert ginn an der Siicht vun deem neie Gesetz hei, wat mer haut amgaange sinn ze diskutéieren. Et ass also e ganz sensible Beräich an dee mer hei erakommen, dee vun der Iwwerwaachung. D'Optioun ass hei geholl ginn, fir dëse spezielle Regime vun den Iwwerwaachungen a Bild an Toun, fir deen eigentlech unzeglidderen un deen, wéi mer e bei der Dateveraarbechtung am Allgemenge kennen, mat deeneselwechte Prinzipie plus eng Rei vun zousätzlech spezifesche Bestëmmungen, déi e besonnesche Schutz hei wëlle bréngen an deem dote sensible Beräich.

Mir sinn also hei an engem Beräich vun Autorisatioun, respektiv vun Notificatioun dran, vun där doten Zort vun Dateveraarbechtung. Ausnahmeregelunge gëllen eigentlech nëmmen am Kader vun allen Aktivitéiten, déi mam Strofrecht ze dinn hunn, sief et am preventive Beräich oder am repressive Beräich.

Déi Bestëmmungen, déi hei am Text dra sinn, solle verhënneren, dass et eng total Videoiwwerwaachung gëtt, an dat besonnesch am öffentleche Beräich. D'Informatiounsflicht gëtt weider héich gehalen. D'Sécherheet am breede Sënn ass eigentlech de Kritär, fir ze kucken, ob esou eng Videoiwwerwaachung iwwerhaapt gesetzlech an Zukunft méiglech ass. D'Kontroll vun der nationaler Kommissioun spillt an deem heite Beräich, wéi d'Kontroll vun den zoustännege Geriichter.

Als sozialistesch Fraktioun si mer der Meenung, dass mer mat enger ganz grousser Virsiicht un deen dote Punkt mussen erugoen a vun de Méiglechkeeten, déi d'Gesetz gëtt, nëmmen zögerlech a ganz virsiichteg Gebrauch maache sollen. Sécherlech ass d'Kameraiwwerwaachung op öffentleche Plazen a gewëssene Fäll, opgrond vun enger spezifescher Situatioun, nëtzlech an heiansdo onëmgänglech, mä si muss awer d'Ausnahm bleiwen. Ech wëll perséinlech net an engem Land wunnen, wou een op Schratt an Tratt misst mengen et wär een an Toun a Bild festgehalen. Dat wär net gutt. Da wäre mer an enger anerer Gesellschaft dran.

Den zweete spezifesche Punkt, deen ech wollt uschneiden, ass een anere sensible Beräich, wou e spezielle Regime am Gesetzesprojet virgesinn ass. Et geet ëm déi technesch Iwwerwaachung op der Aarbechtsplaz, wou et bis elo eng ganz Rëtsch vu Prozesser gi sinn, am Ausland haaptsächlech, a wou et eng Jurisprudenz gëtt, déi sech aus deene Prozesser erginn huet opgrond vun der Interpretatioun vun internationale Konventiounen, notamment der internationaler Mënscherechtskonventioun vum Conseil de l'Europe.

Hei ass eng äusserst Virsiicht gebueden. De Prinzip muss sinn, dass net däerf iwwerwaacht ginn a wann dat de Fall ass, dann nëmmen a kloer vu virera bestëmmten Hypotheesen a mat deenen néidege Prozeduren a Sécherheeten, déi dorunner gekoppelt ginn. Den Agrëff an d'Privatsphär, well d'Aarbechtsplaz ass en Deel vun der Privatsphär vum Personal, muss op e strikte Minimum beschränkt bleiwen.

D'Basis vun deenen neie gesetzleche Bestëmmungen ass am Fong erwuess aus enger kollektivvertraglecher Vereinbarung, déi an der Belsch am Joer 1998 ofgeschloss ginn ass tëschent de Sozialpartner mam Accord vun de staatlechen Instanzen. Et gëtt probéiert eigentlech dat als Grondregele festzeschreiwen, wat sech am Ausland aus der Jurisprudenz erginn huet. Hei gëtt also geltend Rechtsausleeung an e Gesetzestext mat iwwerholl.

D'Arbeiterkammer wollt net hunn, dass soll légiféréiert ginn an deem ganze Beräich. Déi aner Beruffskammere waren do vill méi nuancéiert. Als sozialistesch Fraktioun si mer der Meenung, dass kengem, a besonnesch net dem Salarié, gehollef ass, wa keng Législatioun besteet. Momentan besteet nämlech an deem dote Beräich praktesch keng Législatioun, wann een ofgesäit vun deene strofrechtleche Bestëmmungen, d'Gesetz vun 1982 iwwert de Schutz vun der Privatsphär. Et ass also wichteg, dass de Législateur do fir eng gewësse juristesch Sécherheet suergt an et net de Geriichter an alle Fäll iwwerléisst, am Fall vu Contestatiounen, dann ze soen, wat rechtens ass a wat net rechtens ass.

Ech si mer net am kloren, ob et gelongen ass an deem heiten Text vollkomme Rechtssécherheet hei ze bréngen. Sécherlech net. Et wäerten, wéi a ville Beräicher, och mat deem heiten Text weider Interpretatiounsmargë ginn. Et wäerte weider juristesch Grozone ginn, wou et wäert zu Sträitfäll kommen a wou am Endeffekt dann d'Geriichter wäerte mussen tranchéieren, ob mer eis am Kader vun deem heite Gesetz bewegen, oder ob e

Patron ze wäit gaangen ass, wat d'Iwwerwaachung vum Personal oder vun eenzelne Membere vum Personal ugeet.

Ech mengen, dass hei awer e minimale Schutz vereinbart ginn ass. Näischt verhënnert a mengen An, dass iwwert d'Aarbechtsrecht, dass iwwer kollektivvertraglech Vereinbarungen nach zousätzlech Schutzbestëmmungen tëschent de Sozialpartneren ausgehandelt ginn, wat deen dote spezifesche Punkt vun der Iwwerwaachung op der Aarbechtsplaz ugeet.

Mir mengen, dass mat deene Regelen, déi hei festgehale gi sinn, grosso modo awer de Prinzip deen ass, dass net däerf iwwerwaacht ginn, an dass déi Hypotheesen, wou et méiglech ass, esou enk gestallt ginn, dass do eigentlech awer gewësse Garantië fir de Salarié bestinn, zumools well festgehale ginn ass, dass entgéint deem, wat am normale Regime méiglech ass, wou d'Zoustëmmung vun de Betraffenen et kann erlaben, dass Dateveraarbechtung gemaach gëtt an Domänen, wou se normalerweis net méiglech ass, dat hei net de Fall ass. D'Zoustëmmung vum Salarié, well en an engem Ofhängegkeetsverhältnis zum Patron steet, also eigentlech net fräi kann décidéieren, kann net dozou féieren, dass de Patron hei eng Iwwerwaachung mécht, déi em am Normalfall duerch d'Gesetz net méiglech gewiescht wär.

D'Action en cessation kann natierlech vum Salarié gebraucht ginn, vum Salarié selwer, dem Betraffenen, wéi och vun der Personalvertriedung am privaten an am staatleche Secteur, déi virun d'Commission nationale goen an do hir Bedenken an hir Plaintë virdroe kann.

E leschte Punkt, deen ech wollt uschneiden, dat ass d'Noutwendegkeet vun engem Dateschutz, wat perséinlech Donnéeën ugeet am Beräich vun der Presseaarbecht, verbonnen also mat der Suerg, fir d'Presseaarbecht net ze behënneren, fir d'Recht op Informatioun ze garantéieren an d'Recht op fräi Meenungsäusserung. D'Direktiv seet ganz kloer, dass d'Memberstate mussen eppes maachen an deem dote Beräich. Si seet och, dass fir deen dote spezifesche Beräich d'journalistesch Verwendung, respektiv eng künstleresch a literaresch Verwendung vun Daten, dass do opgelackert Bestëmmunge musse bestoen, dat heescht, dass an deem spezifesche Fall de Schutz vun der Privatsphär e bëssen erofgeschrauft gëtt par rapport zu der Noutwendegkeet, fir dass d'Press ka fräi schaffen, respektiv dass künstleresch a literaresch Aktivitéite sech kënne fräi entfalen.

Als Kommissioun ware mer der Meenung, dass mer an deem heite Beräich, en héich sensiblen, sollten an zwou Etappe fueren. Eng éischt Etapp geschitt mat deem heite Gesetzestext, wou mer déi dote Fro mussen uschwätzen, well mer soss eng onkomplett Transpositioun vun der Direktiv géife maachen, wou mer se uschwätzen andeem mer Prinzipien hei festleeën, wat de Regime ugeet, mä wou mer awer ganz kloer soen, dass mer eng zweet Etapp wëllen duerchféieren, an dat wäert - huelen ech un - a sechs Méint de Fall sinn, ongeféier am Fréijoer d'nächst Joer, wou ech mengen, dass dann och dat neit Gesetz iwwert d'Press esou wäit fortgeschratt wier an der legislativer Prozedur, dass et kann hei an der Chamber diskutéiert a verabschiet ginn.

Mir sinn der Meenung, dass mat deem, wat hei am Text steet, déi journalistesch Fräiheeten net an engem iwwerdriwwene Mooss bëenkt wären, well hei eng ganz Rëtsch vu Bestëmmungen iwwerholl gi sinn, déi eigentlech vum Droit commun vum Dateschutz ofweichen:

– doduerch dass zum Beispill, wann et sech ëm eng journalistesch Aarbecht handelt, d'Veraarbechtung vu sensiblen Donnéeë méiglech ass;

– doduerch dass den Transfert vun Daten an Drëttlänner méiglech ass, och wann an deenen Drëttlänner net adequat Schutzbestëmmunge besti fir privat Daten;

– doduerch dass d'Informatiounsflicht, déi normalerweis de Concernéierten huet, net esou staark spillt, wéi dat am Normalfall d'Regel ass;

– doduerch dass d'Zougangsrecht vun der betraffener Persoun zu deenen Date ganz kloer ageschränkt ass par rapport zu deenen normale Regelen.

De Quelleschutz gëtt respektéiert a gëtt net ausser Kraaft gesat duerch déi heite Bestëmmungen. D'Notificatioun, déi muss gemaach ginn - dat war jo den Haaptkritikpunkt - vun Dateveraarbechtung am journalistesche Beräich betrëfft net den Inhalt vun där Dateveraarbechtung, mä déi betrëfft ausschliesslech d'Indicatioun vum Responsablë vum Traitement.

Et sinn also eng ganz Rëtsch vu Bestëmmungen hei dran, déi et awer méiglech maachen, dass déi journalistesch Aktivitéit sech an Zukunft ënnert dësem Dateschutz weiderhi ka voll entfalen. Et muss elo duerfir gesuergt ginn, an der zweeter Etapp mam neie Pressegesetz, dass mer am Detail haaptsächlech nach eng Kéier kucken, wéi dann elo déi national Kommissioun, ënner anerem, kann an deem journalistesche Beräich aktiv ginn. Do däerf net den Droit commun spillen, mä do musse spezifesch Regele festgehale ginn, déi där spezieller Aarbecht vum Journalist an der Presse- a Meenungsfräiheet Rechnung droen.

An alle Fäll geet et ëm dee komplizéierte Prozess vun enger Werteabwägung, déi muss gemaach ginn: op där enger Säit de Schutz vun der Privatsphär vum Eenzelnen, dee par rapport zum Journalist, zumools, wann et sech ëm eng reng Privatpersoun an net ëm eng öffentlech Persoun handelt, muss nach weider e gewëssent Gewiicht hunn, an op där anerer Säit d'Pressefräiheet, d'Meenungsfräiheet, d'Aarbecht vum Journalist, déi selbstverständlech net däerf behënnert ginn duerch ze vill contraignant Regelen. Dat also zu deem dote Punkt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. D'Fro, déi bleift, dat ass déi, ob mer bei där explosiounsaarteger Entwécklung vun den Informatiounstechniken an enger globaler Welt vum Internet mat gesetzleche Regelen a Prozeduren iwwerhaapt nach kënnen eng Protectioun sécher a wierksam duerchzéien. Ass dat net einfach eng Illusioun, där mer eis higinn? D'Praxis vun den nächste Jore wäert dat weisen.

Als sozialistesch Fraktioun droe mer deen heite Projet mat allen Imperfectiounen, déi en noutwendegerweis huet. Mir mengen, dass en awer den éierleche Versuch duerstellt, fir verschidde Wäerter, Grondregelen, Grondfräiheete mateneen an Aklang ze bréngen. Mir verlaangen - mir hätte gären -, dass d'Chamber sollt consultéiert bleiwen, wann et drëm geet déi wichteg Ausféierungsbestëmmunge bei deem heiten Text ze maachen, besonnesch wat all d'Autorisatiounen ugeet iwwer Règlement grand-ducal an deem grousse Sécherheetsberäich.

Mir halen drop, dass, wa mer dann endlech sollten eng Kéier mat der Reform vum Service de renseignement hei befaasst ginn, an deem Zesummenhang déi Fro vun der Dateveraarbechtung vun deem Service endlech hei zu Lëtzebuerg geregelt gëtt. Wann d'Regierung bereet ass mat eis do zesummen ze schaffen, da si mir och an Zukunft bereet hei aktiv un enger Verbesserung vun eise Législatiounen ze schaffen. Aus deenen Iwwerleeungen eraus wäert eis Fraktioun dësen Text stëmmen.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Alex Bodry. Déi nächst Riednerin ass d'Mme Simone Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir och, wéi menge Virriedner, un éischter Stell dem Här Patrick Santer fir säin excellenten an ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport merci ze soen. Ech mengen, mir hunn an der Kommissioun an zwielef Sitzungen all zesumme Knachenaarbecht gemaach, dofir géif ech mech haut och net genéieren, fir dem Här Minister Biltgen an der Mme Blau vum Ministère och mäi Merci ze soen, well si hu sech net gescheit a wierklech alle Sitzungen derbäi ze sinn, fir eis ze hëllefen, dass mer zesummen duerch dee komplizéierte Projet géife kommen. Mäi Merci och der Mme Cocard, well et war bestëmmt net einfach fir si, déi Debatten, déi komplizéiert waren, well d'Matière komplizéiert war, fachgerecht an hire Rapporten erëmzeginn.

A menger Interventioun wäert ech net méi op all Detailer vun dësem Projet de loi agoen, well de Patrick Santer huet dat esou excellent gemaach, dass ech net wëll e Rapport bis maachen. Ech wëll éischter probéieren, de Sënn an den Zweck vun dësem Projet de loi ze ënnersträichen.

D'Evolutioun, déi d'Informationstechnologien an de leschte Jore matgemaach hunn, ass enorm. Ech mengen, mir konnten dat alles scho virun e puer Woche bei der Debatt iwwert d'Medie feststellen. D'Kapassitéit vun de Rechner, déi an eise Computere stiechen, hëlt zusehends zou.

Dagdeeglech verschécke mer Informatiounen iwwer eis, gewollt oder ongewollt, per Internet, ouni ze wëssen, wat um Enn mat deenen Donnéeë geschitt. Doduerch, dass alles informatiséiert ass, verfügt all Geschäft, all Betrib, oder soss eng Institutioun, mat där mer iergendwéini a Kontakt waren, mat där mer iergendwann eppes ze dinn haten, iwwer elektronesch gespeichert Donnéeë vun eis. Natierlech ass et wahrscheinlech de Stat, deen iwwert déi meeschten Informatiounen iwwer eis alleguerte verfügt. De Stat fält awer och ënnert d'Dispositioune vun deem Gesetz, dat mir haut stëmmen. D'grouss Fro ass: Wat an haaptsächlech wéi däerfen all déi Acteuren, déi iwwert déi Donnéeë vun eis verfügen, mat deenen Donnéeën ëmgoen?

Eng nei Wëssenschaft ass entstanen, fir déi Donnéeën ze schützen, fir erauszefannen ob probéiert ginn ass se ëmzeänneren a wou den Ursprong vun hinnen ass. Et handelt sech ëm Kryptographie.

D'Kryptographie ass déi mathematesch Wëssenschaft, déi sech mat Vertraulechkeet, Datenintegritéit an Authentifikatioun befaasst.

An dësem Fall ass d'Definitioun vun der Vertraulechkeet déi, dass keen ausser deene Persounen, déi dozou berechtegt sinn, d'Donnéeë liese kann.

Mat der Datenintegritéit soll séchergestallt ginn, dass keen onbemierkt Donnéeë manipuléiere kann.

Schliesslech soll d'Authentifikatioun dofir suergen, dass déi concernéiert Leit wëssen, wee mat hiren Donnéeë schafft.

Dat héiert sech am éischten Abléck zimlech gutt un, well dat a sech e Spektrum vu Froen ëmräisst, déi mir eis am Kontext vum Dateschutz stelle wëllen an och am Interessi vun de Grondfräiheete vun eis alleguerte stelle mussen.

De Bruce Schneier, en Informatiker a Spezialist an der Internetsécherheet, dee bekannt ginn ass duerch säi Buch "Angewandte Kryptographie", huet an deemselwechte Buch festgestallt: "Es genügt nicht durch Gesetze geschützt zu werden. Wir müssen uns durch Kryptographie schützen."

E puer Joer méi spéit stellt deeselwechte Bruce Schneier fest, dass d'Kryptographie awer net alles kann a seet zu deem, wat ech elo just zitéiert hunn, a sengem Buch "Secrets and Lies - IT - Sicherheit in einer vernetzten Welt": "Das stimmt einfach nicht. Kryptographie kann

nichts davon. Die Sache ist die, dass Kryptographie nicht in einem Vakuum existiert."

Wat heescht dat, d'Kryptographie existéiert net an engem Vakuum? Dat heescht ganz einfach, dass der Technik Grenze gesat gi fir eis ze schützen. Et sinn hir Grenze gesat, well d'Computeren trotz aller Logik a Mathematik, déi an hinne stécht, kënnen eng Défaillance hunn.

D'Technik kënnt och schwéierlech géint den Erfindergeescht an d'Onberechenbarkeet vum Mënsch un.

Aus deem Grond musse Gesetzer geschafe ginn, fir de Mëssbrauch vun der Informatik op e Minimum ze reduzéieren.

Här President, mir liewen an enger Gesellschaft déi opgebaut ass op Regelen, déi respektéiert musse ginn, fir e gutt Liewe matenaner an niewentenaner ze garantéieren, ouni an deem anere seng Fräiheet anzegräifen. Mat der Entwécklung, déi d'Informatik haut kennt, besteet awer de Risiko, dass op eis Fräiheet agewierkt gëtt. Do derbäi kënnt dann och nach - an dat ass dat, wat et jo geféierelech mécht -, dass mer eis däers meeschtens iwwerhaapt net bewosst sinn. Een, deen Donnéeën iwwer eis - egal op wat fir eng Aart a Weis an egal fir wat fir een Zweck - benotzt, ouni eist Wëssen, dee mécht en Agrëff op eis perséinlech Fräiheet.

1996 war d'DP sech schonns bewosst, wat fir eng Risiken d'Evolutioun vun der Informatiounsgesellschaft mat sech bréngt. An hirem Positiounspabeier "In Media Res" sot d'DP: "Die Informationsgesellschaft der Zukunft wird neue Entwicklungen mit sich ziehen, die den bestehenden gesetzlichen Rahmen weit übertreffen und somit regelrecht sprengen werden."

Här President, den Exercice, wann ee wëllt eng legislativ Basis schafen an engem Domän, deen a permanenter Evolutioun ass, besteet doran, dass een e puer Grondregele festhält, déi eng Ligne directrice hunn an déi och muer an iwwermuer nach gülteg sinn.

Ier een awer Grondregele festhale kann, muss een emol kloer definéieren, wat een iwwerhaapt wëll schützen.

Oft gëtt de Feeler gemaach, dass ee seet, mir mussen d'Daten oder d'Donnéeë schützen. An Däitschland zum Beispill gëtt vun der Datenschutzdirektiv geschwat. Mä viru wat musse mer d'Date schützen?

Mat den Daten ass et jo net esou, wéi wann een an eng Bank abrieche géing a Sue mathëlt. Wat den Abriecher en fin de compte mat de Sue mécht, interesséiert, dans l'absolu, keen. D'Sue si fort a betreffen nëmmen indirekt de Bierger.

Anescht, awer ganz anescht, ass et mat den Daten. D'Date musse virun engem eventuelle Mëssbrauch geschützt ginn. Dofir ass och dem Projet de loi säin Intitulé vollkomme richteg, an erlaabt mer, en nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen: "Projet de loi relatif à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel."

Et geet also drëm, d'Leit virun dem Mëssbrauch vun hiren Daten oder Donnéeën ze schützen.

Ech hunn elo just vu Grondregele geschwat déi mer brauchen a berücksichtege mussen, wann een ee Gesetz schafe wëllt, dat och nach muer aktuell ass.

Déi Grondregele mussen awer och op e puer Prinzipien opbauen. 1996 sot d'DP an deemselwechte Pabeier, deen ech schonns erwähnt hunn, ech zitéieren nach eng Kéier: "Die Demokratische Partei, die den Schutz des einzelnen Bürgers als Priorität ansieht, hat Verständnis für gewisse Sorgen, vor allem in einer Zeit, wo die Entwicklungen in einem derart schnellen Rhythmus stattfinden, dass es für den Nicht-Professionellen recht schwierig sein wird, alle Details nachzuvollziehen. Vor allem der Schutz von Privatsphäre sowie der Kinder und Jugendlichen ist im Auge zu behalten."

Dat heescht, den iewechten, den Haaptprinzip muss dee sinn, dass de Bierger virun dem Mëssbrauch vu sengen Donnéeë geschützt gëtt, an och seng Privatsphär.

Den Text, deen ech elo just zitéiert hunn, seet jo och "Schutz des einzelnen Bürgers als Priorität" an "Schutz von Privatsphäre".

E weidere Prinzip steet och am Pabeier vun der DP, an dat ass Folgenden: "Allerdings möchte die Demokratische Partei vor unbegründeter Hysterie warnen, die positiven Entwicklungen durch sinnloses Überreglementieren im Keim zu ersticken."

Et soll een also évitéieren, dass positiv Entwécklungen duerch eng sënnlos Iwwerreglementatioun am Käim futti gemaach ginn.

Déi Léisung, déi mat der Direktiv an och mat dësem Projet de loi fonnt ginn ass, erlaabt de Respekt vun deenen dräi Prinzipien, dat heescht dem Schutz vum Bierger, dem Schutz vu senger Privatsphär an e Vermeide vun enger Iwwerreglementatioun.

Här President, ech kommen dann elo op d'Grondregelen ze schwätzen déi néideg sinn, fir déi dräi Prinzipien, déi ech elo just opgezielt hunn, ze respektéieren. Et ass och kloer, dass do Aschränkungen an Derogatioune virgesi sinn, op déi ech eppes méi spéit wäert ze schwätze kommen.

Ech mengen, an do si mer eis alleguerten eens, dass de Bierger muss doriwwer informéiert ginn, dass seng Donnéeën den Objet vun engem Traitement sinn. Ech fannen et och richteg, dass déi concernéiert Persoun domat averstane muss sinn, dass hir Donnéeën traitéiert ginn. Nach muss een awer évitéieren, dass een d'Prozedur ze vill erschwéiert. Huele mer zum Beispill eis

Krankekeess. Si huet Donnéeën iwwer eis an traitéiert se och. Soll si eis all Kéier, wa si mat eisen Donnéeë schafft, informéieren, dat zum Beispill wa mer bei den Dokter ginn a sollen d'Sue vun der Visite zréckfroen?

Ech hu vun Averständnis geschwat. An deem Sënn ass et och wichteg, dass d'Leit wëssen an och verstinn, wat mat hiren Donnéeë gemaach gëtt. Et schéngt mer evident, dass een novollzéien a verstoe muss, wat mat deenen Donnéeë geschitt. Och muss ee Kenntnis doriwwer hunn, wat fir Donnéeë vun engem behandelt ginn. An dann ass et och evident, dass een d'Finalitéit vun deem Traitement kenne muss.

Firwat gëtt mat engem sengen Donnéeë geschafft? Wat ass de Sënn dovun? Ass et iwwerhaapt justifizéiert, dass Donnéeë fir déi eng oder aner Ursaach benotzt ginn? Finalement mussen d'Leit och d'Méiglechkeet hunn, sech dem Traitement vun hiren Donnéeën ze widdersetzen, sech dergéint auszeschwätzen. Dat si ganz kloer déi Elementer an déi Froen, déi all Kéiers, wann et zu engem Traitement des données kënnt, berücksichtegt musse ginn.

Här President, Dir konnt aus alle Rieden, déi haut schonn op dëser Tribün gehale gi sinn, eraushéieren, dass dëse Projet vun enger extremer Komplexitéit, mä och vun extrem sensible Charakter ass.

E betrëfft jo eng ganz grouss Serie vu Secteuren, an doduerch eng ganz grouss Serie vu Mënschen. E beinhalt ganz vill Regelen, Normen a Prinzipien, mä e beinhalt grad esou vill, wann net nach méi, Exceptiounen.

Schonns an de Kommissiounsdiskussiounen hate mir d'Suerg, wat misst gemaach ginn nom Vote, dass dëse komplizéierte Projet géif déi néideg Akzeptanz dobausse bei de Leit fannen. Ech mengen, eng gutt Applikabilitéit setzt viraus, dass all Mënsch de Projet ka verstoen, dass all Mënsch kann den Duerchbléck hunn.

An deem Sënn hunn ech eng Motioun preparéiert, mat där d'Regierung invitéiert gëtt:

1. eng Vulgarisatiounsbroschür ausschaffen ze loossen, an einfachen a verständleche Wierder, mat där d'Rechter an d'Flichte vun de Bierger an dëser spezifescher Matière kloer ëmrass ginn;
2. eng méiglechst breet Diffusioun vun dëser Broschür ze organiséieren a se bien entendu och op den Internet ze setzen, de Site vum Gouvernement, fir dass d'Internaute kënnen do surfen a sech ganz schnell kënnen orten.

Ech soen och de Kolleege vun deenen anere Fraktioune villmools merci. Si droe mat mir dës Motioun.

Ech hunn elo d'Éier an de Pläséier, fir dem Här President se ze iwwerreechen an ech géif d'Chamber bieden, se herno ze stëmmen, fir dass dëse Projet déi richteg Uwendung fënnt.

Motion 1

La Chambre des Députés

– *constatant que les progrès en informatique, aussi bénéfiques qu'ils soient, recèlent également des dangers;*

– *considérant que l'objectif du projet de loi relatif à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel est d'endiguer les risques d'abus;*

– *considérant le degré de complexité élevé des dispositions retenues dans le projet de loi susmentionné;*

– *soulignant les incidences du projet de loi sous rubrique sur le fonctionnement des institutions et des organismes publics ainsi que sur toute personne privée ou morale procédant au traitement de données à caractère personnel;*

– *relevant les répercussions que le traitement de données à caractère personnel peut avoir sur les droits et libertés des personnes dont les données font l'objet d'un traitement;*

– *considérant qu'un des principes clés dudit projet de loi est de garantir l'information des personnes dont les données sont traitées afin de s'assurer du consentement éclairé de ces dernières;*

invite le Gouvernement

– *à faire élaborer une brochure relatant en des termes simples et compréhensibles les tenants et aboutissants de cette nouvelle loi et informant les citoyens sur leurs droits et devoirs en la matière;*

– *à s'assurer de la diffusion la plus large possible de cette brochure et à faire en sorte qu'elle soit rendue accessible aux internautes sur le site internet du Gouvernement.*

(s.) Simone Beissel, Alex Bodry, Robert Garcia, Fernand Greisen, Laurent Mosar, Patrick Santer.

Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virdrun hunn ech gesot, dass dëse Projet och géif e ganze Koup Aschränkunge beinhalte wat d'Grondregele betrëfft, déi de Schutz vun de Bierger garantéiere soll. Ech zielen se net méi alleguerten op, den Här Santer huet dat jo ganz ausféierelch gemaach.

Kloer ass et, dass d'Derogatiounen et erlabe mussen, dass d'Justiz hir Aarbecht maache kann, dass, wann d'Wuel vun engem Mënsch oder vun engem aneren um Spill steet, déi néideg Informatiounen zougänglech musse sinn. Dat och, wann et sech ëm d'Sécherheet vum Land an der Allgemengheet handelt, da muss datselwecht garantéiert ginn. Dann, ganz wichteg, d'Liberté d'expression däerf net verhënnert ginn. Si muss ënnerstëtzt ginn, mä dat alles muss sech och innerhalb vun deene Regelen ofspillen, déi ech virdrun énoncéiert hunn.

Op dëser Plaz wëll ech awer elo och nach op de spezielle Fall vun der Privatsphär ze schwätze kommen. Wa mer de Prinzip vum Schutz vun der Privatsphär kucken, da stelle mer fest, dass de Projet de loi do eng kloer Grenz zitt. Alles dat, wat sech op reng privat Aktivitéite bezitt, fält ënner Privatsphär an entzitt sech dann och der Applikatioun vun dësem Projet de loi. Esoubal awer eng privat Aktivitéit an de professionelle Beräich iwwergräift, da sinn d'Dispositioune vum Gesetzestext gülteg.

An der Kommissioun hate mer och eng laang Diskussioun iwwert d'Surveillance op der Aarbechtsplaz. Den Här Santer huet a sengem Rapport Beispiller opgezielt vun Uerteeler aus Frankräich, déi festhalen, dass een och während der Aarbechtszäit an um Lieu de travail d'Recht op Privatsphär huet. Ouni an den Detail ze goen, ech mengen de Kolleeg Marcel Glesener huet jo och déi Detailer an d'Problematik vun dësem Secteur kloer ëmrass, well et si Restriktioune jo och an dem Gesetz virgesinn, wat eng eventuell Surveillance ubelaangt, esou wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass och an deem Beräich d'Grondregelen, déi ech elo just erwähnt hunn, gëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem ech elo vun deene Grondregele geschwat hunn, déi et erlabe sollen, de Bierger ze schützen, wëll ech elo e Wuert driwwer verléieren, wéi een de Respekt vun dëse Grondregele kontrolléiere kann.

De Projet gesäit jo do zwee Moyene vir. Deen een ass dee vun der Kontrollkommissioun, déi hei vu menge Virriedner schonn an alle Sparte beliicht ginn ass. Deen aneren ass dee vun dem Chargé de la protection des données. Ech mengen et ass richteg, déi Kontroll iwwert dëse Wee ze dezentraliséieren.

Et soll eng zentral Stell gi fir d'Kontroll. D'Kontroll soll awer erliichtert ginn um Terrain. Dat huet den dueblen Avantage, dass um Terrain schonns duerch den Asaz vun deene Chargés de la protection des données eng Rei vun Onregelméissegkeete kënnen évitéiert ginn. Weiderhin hunn déiselwecht Chargéë jo d'Missioun de Register vun deem, deen d'Donnéeën traitéiert, un d'Kontrollkommissioun weider ze ginn.

Här President, ech hunn am Ufank gesot - an anscheinend ass et haut nach esou wéi déi Zäit, wou eis Urahnen aus den Höhle gekrach sinn: "De Mënsch ass onberechenbar an duerfir kann et och ni zu engem honnertprozentegen informatiséierte Schutz virun den Abüe kommen."

Mat deem Dispositif, dee mir duerch dëst Gesetz virgesinn, erreeche mir déi 100% net. Mir erreechen awer en Niveau vu Protectioun, deen, compte tenu vun der Komplexitéit an der schneller Evolutioun vun der Matière, zimlech héich ass. De Bruce Schneier seet a sengem Buch, wat ech schonn zitéiert hunn, "Secrets and Lies-IT-Sicherheit in einer vernetzten Welt": "Sicherheit ist kein Produkt, sondern ein Prozess." De Bruce Schneier wëllt domat soen, dass d'Sécherheet e Prozess ass, wou ee sech bewosst gëtt, wat fir eng Risike bestinn, fir déi adequat Léisungen ze sichen an d'Abüe virzebeugen.

De Bruce Schneier schlussfolgert: "Wir kleben immer noch an unsicheren Türschlössern, angreifbaren Finanzsystemen und einem nicht perfekten Rechtssystem. Nichts davon hat die Zivilgesellschaft bisher zum Absturz gebracht und es ist unwahrscheinlich, dass es passieren wird. Nichts davon wird unsere digitalen Sicherheitssysteme zum Absturz bringen, wenn wir umdenken und uns auf Prozesse statt Technologien konzentrieren."

Ech mengen dëse Projet de loi, deem déi eis bekannten Direktiv zu Gronn läit, an d'Aarbechten an der Kommissioun beweisen, dass dee Prozess voll amgaang ass, an dass mer mat dem Vote vun dësem Projet de loi eppes maachen, fir ons an ons Matbierger virun den Abüen aller Aart ze schützen. Aus deem Grond wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei dëse Projet de loi stëmmen. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Protectioun vun der Persoun, bei der automatescher Veraarbechtung vun Daten, huet u sech näischt mam Instrument ze di wat gebraucht gëtt, fir dës Informatiounen ze sammelen.

Huele mer zum Beispill eist albekanntent Tëlefonsbuch mat Numm, Virnumm, Adress an heiansdo dem Beruff hannert der Nummer. Do steet jiddferengem Eenzelne fräi dat public ze maachen, wat e wëllt. Mä wann eng Persoun net gären huet, dass eppes Perséinleches veröffentlecht gëtt, da muss se sech kënnen drop verloossen, dass déi Donnéeë confidentiel bleiwen.

Eleng d'Existenz vun engem ëmmer méi grousse Volume vu perséinlechen Date mat ëmmer méi liichtem techneschen Zougrëff a mat ëmmer méi performanten Instrumenter beweist, dass de Stat seng Responsabilitéit muss iwwerhuelen, fir hei ze légiféréieren. Wéinst deem schmuele Raum, dee besteet tëschent Sécherheet a Fräiheet, ass eng Harmonisatioun vun de verschiddene legitimen Interessen net esou liicht.

Bei den Diskussiounen an der Kommissioun war menger Meenung no de Wëlle vun alle Bedeelegten ze erkennen all kritesch Froen offen duerzeleeën a fir all Problem eng équilibréiert Léisung ze sichen. Aus deem Grond hunn ech de Rapport an der Kommissioun mat ugeholl an duerfir wëll ech direkt hei matdeelen, dass d'Fraktioun vum ADR dëse Projet mat ënnerstëtze wäert.

An dësem Domän, wou sech kontradiktoresch an awer berechtegt Interesse géinteniwwer stinn, ass et noutwen-

deg besonnesch gutt ze légiféréieren, fir en zefriddestellend Gläichgewiicht ze erreechen. Ech kann nëmmen hoffen, dass näischt Wichteges iwwersi ginn ass. D'Auswierkunge vum Gesetz an der Praxis sinn am An ze behalen an et däerf net gezéckt ginn direkt ze intervenéieren, wann et kritesch gëtt. Et ass derfir ze suergen, dass dësen Text am Gebrauch net zu Mëssverständnisser an domat zu opwendege Geriichtsprozedure féiert.

Mä wann dëst Gesetz sech herno an der Praxis als esou gutt erweist, wéi dem Rapporteur säin Asaz a seng Begeeschterung, da kann et nëmmen zu engem positive Resultat féieren. Duerfir wëll ech fir d'éischt, grad esou wéi meng Virriedner, all deene Leit merci soen, déi un dësem Projet mat geschafft hunn. Besonnesch ervirzehiewen ass d'Fläissaarbecht vum Personal an der Chamber, wat an der Kommissioun ënner Zäitdrock en décke Koup Aarbecht gutt a séier erledegt huet. Ech kommen net derlaanscht bei dësem Projet dem Rapporteur ze félicitéiere fir seng Leeschtung, déi hien an de leschte Woche bruecht huet a ville Kommissiounssëtzungen a bei der Virbereedung vum Projet a vum Rapport.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz selwer ass hei schonn am Detail virgestallt ginn. Ech wëll nach just e puer Haaptpunkten aus menger Siicht beliichten.

Esou gëtt am éischte Kapitel dat grousst Feld vun den Uwendungen definéiert, op dat sech dëst Gesetz bezitt, ob dat iwwert Text, Toun oder Bild geschitt, op wat fir engem technesche Support an ënnert wat fir enger Form och ëmmer Date gesammelt ginn, soubal e Mënsch kann identifizéiert ginn, musse bestëmmte Regelen agehale ginn.

Dobäi sinn d'Iwwerwaachungskameraen net ze vergiessen, déi op de Stroossen, Parkingen, esou gutt wéi a Geschäfter a virun Appartementshaiser stinn. Hei muss festgeluegt ginn, wat opgeholl däerf ginn a wat mat den Enregistrementer geschéien däerf. Fir den ADR ass kloer, dass versicht soll ginn esou mann wéi méiglech, dat heescht nëmmen dat, wat noutwendeg ass, ze enregistréieren. Mäi Kolleeg, den Här Aly Jaerling, wäert a senger Interventioun herno nach méi spezifesch op d'Kapitel vun der Iwwerwaachung op der Aarbecht ze schwätze kommen.

D'Recht op Privatsphär an der Press, mä awer och um Gebitt vun der Konscht, ass eng kriddeleg Saach. Et muss ee jo berücksichtegen, dass an enger fräier an demokratescher Gesellschaft, parallell zum Grondrecht vum Eenzelnen op Dateschutz, e fundamentaalt Recht op fräien Zougang vun der Öffentlechkeet zu den Informatioune besteet. Nieft dësem Gesetz muss nach d'Reform vum Pressegesetz - e Projet, dee scho laang schleeft - hei nach Klorheet schafen.

Bei der effikasser Zesummenaarbecht mat Datenaustausch, um Gebitt vun der Kriminalitéit bei Police a Justiz, ass eng einfach Duerchsetzung vun den allgemenge Protectiounsprinzipien net esou liicht. Besonnesch d'Regele bei Informatiounen, déi fir d'Justiz wichteg sinn, mä awer och fir d'Erfaasse vun Informatiounen, déi d'Gesondheet betreffen, muss opgepasst ginn. All dat ass am zweete Kapitel festgeluegt, wou geschriwwe steet, dass Angaben, déi scho kloer an däitlech public gemaach gi sinn, wéi zum Beispill Adressen am Tëlefonsbuch, net zu deene protégéierten Date gehéieren.

Am Kapitel dräi ginn eng ganz Rei wichteg Formalitéite festgeluegt, déi am Viraus ze erfëlle sinn ier Donnéeë kënnen enregistréiert ginn. Fir déi betraffen Entreprisen, Privatleit a Veräiner stelle sech dobäi eng Onmass Froen. Mir mengen de Stat huet hei d'Flicht der breeder Bevölkerung, an awer och de Betriber an de Geschäfter aus dem Secteur PME, zum Beispill, virun der Aféierung vum Gesetz eng besonnesch Hëllef ze proposéieren um Gebitt vun der Informatioun an der Berodung.

D'Regele fir d'Transmissioun vun Donnéeën un Drëttlänner sinn am Kapitel véier festgeluegt a schonn hei erkläert ginn. Kee vun eis wëllt jo, dass privat Informatiounen einfach fräi a Länner verbreet ginn, wou keng Kontroll besteet, wat domat geschitt. D'Sécherheet vun de gesammelten Date muss garantéiert bleiwen. Et muss ee sech kënnen op de Secret professionnel verloossen, dofir sinn am Kapitel fënnef speziell Sécherheeten agebaut géint dat, wat an Däitschland Dateklau genannt gëtt.

Den Impakt vun der Technik, mat allen Auswierkunge bei der Behandlung vun de perséinlechen Daten an der Protectioun vun der Privatsphär, ass net ëmmer liicht ze verstoen. Wat fir Mëttel huet deen Eenzelnen, fir seng Rechter fir d'Protectioun duerchzesetzen an anzehalen?

Dës Rechter vun de betraffene Persoune sinn am Kapitel sechs beschriwwen. Wichtig ass d'Recht op Informatioun, wou eppes gespeichert ass, wat gespeichert ass, d'Recht op den Zougang dozou an d'Recht sech kënnen dogéint ze wieren.

Mä nach eng Kéier: Nëmme wann all Mënsch richteg an detailléiert informéiert ass, kann dës Protectioun eppes notzen. Mir ënnerstëtzen duerfir déi gemeinsam Motioun no ausféierlecher Informatioun vum Public. Am Kapitel siwen ass definéiert, wéi d'Uwendung vum Gesetz kontrolléiert an iwwerwaacht gëtt.

A Finnland, zum Beispill, wou Stat a Gesellschaft e gudde Schratt weider si wéi eist Land, wat d'Benotze vun den neie Medien, Informatiouns- an Telekommunikatiounstechnologien ubelaangt, gouf e Büro mat engem sou genannten "Data Protection Ombudsmann" ageriicht. Dëse Büro ass net nëmmen do, fir Informatiounen iwwer Dateschutz ze ginn. En hëlt Kloen entgéint, geet hinnen no an hëlleft de Leit Problemer léisen.

Dësen Service geet méi wäit wéi d'Missioun vun der Kontrollautoritéit, déi am Artikel 32 vun eisem Gesetz virgesinn ass. Well e juristesche Recours, deen am Kapitel 8 virgesinn ass, ass net esou gutt wéi eng Préventioun, déi Mëssgrëffer aus Onkenntnis verhënnere kënnt, zum Beispill duerch préalabel Informatioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwerall do, wou Informatioune gesammelt a behandelt ginn, kann de Propriétaire vun engem Fichier e Responsable fir Datesécherheet asetzen. Dësen ass da mat den entspriechende Responsabilitéite chargéiert, déi am Kapitel 9 erkläert sinn. Och hei ass et noutwendeg am Viraus allen Interesséierte kloer an einfach Informatiounen zoukommen ze loossen.

Op d'Schlussbestëmmungen an Iwwergangsbestëmmungen am Kapitel 10 brauch ech net extra anzegoen. Déi noutwendeg Informatioune sinn am mëndlechen a schrëflteche Bericht genannt ginn.

Wann ech ufanks vu menger Ried erkläert hunn, dass an der Kommissioun ënner Zäitdrock geschafft ginn ass, esou ass dat vläicht eng vun den Ursaachen, firwat dass dëse Projet esou ëmständlech ass. Domadder wëll ech net d'Aarbecht vum Rapporteur oder der Kommissioun schlecht maachen, ech mengen awer, wa méi Zäit gewiescht wier, dann hätt sécherlech eng besser Aarbecht kënne geleescht ginn.

Meng Haaptkritik betrëfft engersäits dee grousse Retard, deen eis Regierung erëm eng Kéier huet an der Ëmsetzung vun enger Direktiv an anerersäits dann déi onverständlech Hetz elo virun der Summerpaus an der Chamber. D'Direktiv staamt vun 1995. Si hätt 1998 scho missten a Lëtzebuerger Gesetz ëmgesat sinn. Am Joer 2001 huet Lëtzebuerg sech dofir misse veruerteele loosse vum Europäesche Geriichtshaff an de 4. Juni dëst Joer ass en erneite Recours géint Lëtzebuerg ageluegt ginn, well dat nach ëmmer net erledegt ass.

Déi viregt CSV/LSAP-Regierung huet Délaie verpasst, grad esou wéi déi heiteg CSV/DP-Regierung, déi sech bis elo net eens ginn ass, wéi se hei sollt virgoen. Vun 1999 un huet et dowéinst erëm dräi Joer gedauert bis de Projet an d'Chamber koum. Dofir ass dann elo, dëst Joer, d'Chamber forcéiert ënner Drock der Regierung hir Virlag duerchzeschaffen an unzehuelen, mam Risiko an der Hetz e Feeler ze maachen oder eppes Wichteges ze vergiessen. D'Onfäegkeet vun der Regierung viraussiichteg ze schaffe schéngt eng Konstant ze sinn, egal ob d'CSV mat der DP oder der LSAP an der Regierung ass.

Här President, zum Schluss nach eng Kéier den Accord vum ADR zu dësem Projet, awer mat der Opfuerderung un d'Regierung extra Efforten ze maachen um Gebitt vun der Informatioun an der Berodung vun der breeder Bevölkerung, hire Veräiner, de Betriber an de Geschäfter aus dem Secteur PME, fir hinnen all virun der Aféierung vum Gesetz dës Hëllef zoukommen ze loossen. D'Majoritéit gesäit d'Noutwendegkeet vun esou enger zousätzlecher Informatioun un an huet eng entspriechend Motioun hei presentéiert, déi ech am Numm vum ADR selbstverständlech mat ënnerschriwwen hunn.

Des Weidere fuerdere mer d'Regierung op ze préifen d'Gesetz ze verbesseren, wa sech d'Noutwendegkeet ergëtt, wéinst der kontinuierlecher Entwécklung an opgrond vun neien techneschen Entwécklungen an Uwendungen. Mir mengen, et kann ee wuel Vertrauen hunn an déi nei Technologien, mä trotzdeem fir en héijen Niveau vun Dateschutz suergen.

Dat heescht aus der Erfahrung eraus mat der praktescher Auswierkung a vun der Jurisprudenz soll vun Zäit zu Zäit kontrolléiert ginn, wéi d'Prinzipie vun dësem Gesetz frësch interpretéiert misste ginn. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi gutt Nouvelle fir d'éischt. Ech wäert net elo als sechste Riedner fir d'sechste Kéier d'Dichtegkeet vun deem Dateschutz oder deem Dateverfahrensschutzgesetz hei erläuteren.

Déi schlecht Nouvelle dann dono, géint meng Gewunnecht wäert ech awer elo hei e Weihrauchfaass erauszéie vun der Dimensioun vun deene vun de Kathedrale vu Bourgos a vun Toledo, déi ganz grouss Weihrauchfässer hunn, an de Rapporteur hei an en Niwwel vu Weihrauch a vu Luef anhüllen, well ech muss soen als net Jurist, mä soguer d'Juristen - hunn ech gemierkt - an eiser Kommissioun, ware mer kontinuierlech an nohalteg beandrockt iwwert dee Magnum opus, deen de Rapporteur hei ausgeschafft a virgeluegt huet. Et wär scho bal eng Frechheet wëllen nëmmen am Entfernsten a Konkurrenz ze trieden, an där sophistiquéierter Architektur nëmmen ee grénge Stee wëlle bäizeflécken.

Nach eng Kéier, nieft all deenen anere Leit, déi doru bedeelegt waren, e grousse Luef un de Rapporteur, de Patrick Santer. Allerdéngs wëll ech mech direkt bei em entschëllegen, well wann een ze vill déi Leit vun deenen anere Parteie lueft - dat hunn ech gemierkt d'lescht Kéier beim President vun der Mediekommissioun -, da kann dat fir déi Leit vläicht e schlechte Ruff an den eegene Reie bedeiten, genausou wéi ech mer vläicht e schlechte Ruff a mengen eegene Reie maachen, wann ech ze vill den Här Santer oder den Här Mosar luewen.

(Interruptions diverses)

Dat gesot, wëll ech direkt a virauseilendem Gehorsam d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Gesetz ginn. Natierlech wäert ech trotzdeem e puer Remarke maachen, well, wéi schonn deen een oder anere Vir-

riedner oder déi eng oder aner Virriednerin gesot huet, d'Theorie eng Saach ass. Déi Theorie hei schéngt eis e ganz brauchbare Kompromiss zwëschent der Fräiheet vun den Eenzelnen engersäits an den Zwäng vun enger gesellschaftlecher Kontroll iwwert déi onméiglech Fluxe vun Daten, déi a leschter Zäit sech jo esou multiplizéiert hunn, dass ee se scho bal net méi kontrolléiere kann.

Wéi gesot, an der Theorie schéngt dat heite ganz interessant ze sinn, besonnesch fir eis Gréng ass dat en Thema gewiescht, dat vläicht hei zu Lëtzebuerg net esou behaft war wéi an anere Länner. Ech denken, wéi ech an Däitschland nach war, an de 70er Joren, war dat en Thema, wat do extrem vill diskutéiert ginn ass. Ech ka mech erënneren un déi Kommunistenhetz aus de 70er Joren, déi deemools déi sozialliberal Koalitioun, déi jo net berühmt war fir hir extrem Tendenz zu engem diktatorialesche Stat, déi déi awer do duerchgefouert huet an déi dozou geféiert huet, dass an esou engem Land wéi Däitschland eng extrem Sensibilitéit géigeniwwer deem Thema "Datenschutz" herrscht.

Hei zu Lëtzebuerg, mengen ech, ass dat Thema Dateschutz, ausser fir potenziell Blanchisseurs vu Suen, beziehungsweis vläicht nach de Bommeleeër, keen Thema gewiescht an déi meescht Bierger a Biergerinnen hu sech vläicht sporadesch just mat deem Thema befaasst.

Wann ech eng generell Impressioun vun där Constructioun vun deem Gesetz géif ginn, da géif ech warnend mengen, dat kéint eng pharaminös Iwwerwaachung vum Iwwerwaachungsstat sinn. Dat heescht à la limite kéint herno d'Iwwerwaachung méi bedrohlech si wéi dat, wat soll iwwerwaacht ginn. Duerfir muss een natierlech kucken, no e puer Joer, wéi sech d'Praxis vun deem Gesetz hei auswierkt an da muss een eventuell déi eng oder déi aner Korrektur maachen.

Ech wëll vläicht zwou, dräi Problematiken opwerfen a mat e puer méi praktesche Beispiller illustréieren. Dat éischt, wat mir am Allerwichtegsten erschéngt, ass dat vum Consentement de la personne concernée, well dat schéngt mer an dësem Gesetz eng ganz wichteg Notioun ze sinn, well se net negativ behaftet ass, mä well se an dësem Gesetz esou definéiert ass, dass se eigentlech en integrale Bestanddeel vun deem Konzept hei ass. Besonnesch well ee jo net vun de Banques de données ausgeet, mä vum Traitement, deen ee mat esou Banques de données ka maachen, woubäi d'Finalitéit am Vordergrund steet an net déi Tatsaach, dass iergendwou an engem Schaf oder an engem Computer eng Datei schlummert, ouni dass se benotzt gëtt.

Natierlech, wann een dat elo an der Praxis gesäit, da kënnt ee liicht an déi Problematik vun deem sou genannte "Kleingedrucktem" eraus. Wa mir jiddfer Bedreiwer vun esou enger Banque de données oder engem Traitement virschreiwen, dass en ëmmer dann, wann en eppes Neies mécht oder ëmmer wann en eppes ännert a senger Datei, beziehungsweis an der Utilisatioun, deene Betraffene Bescheed seet, da muss een natierlech iergendwann eng Kéier festleeë wéi en dat mécht, well wann en dat an engem Formulaire mécht wéi op der Säit véier an hellbloer Schrëft op gielem oder soss engem Ënnergrond, wou eppes ganz Klenges steet, wat ee just mat engem extrem staarke Brëll oder enger Lupp ka liesen, dann ass déi Geschicht mat dem Consentement net méi esou evident.

Ech denken do muss ee kucken an der Praxis, dass een do Regele fënnt, dass jiddfereen sech drun hält, dass dee Consentement wierklech esou stattfënnt, dass déi Leit à même gewiescht sinn ze mierken, dass se do an en Traitement de données erakomm sinn.

Deen zweete Punkt, deen ech wollt opwerfen, ass dee vun den Données sensibles. Mir hunn dat hei am Gesetz jo relativ korrekt a prezis definéiert. Natierlech fir den eenzelne Bierger an déi eenzel Biergerin dobaussen sinn d'Données sensibles eng Notioun, déi ganz ënnerschiddlech ass. Et gi Leit, déi fannen eng Donnée sensible schonn hir Tëlefonsnummer. Et ginn aner Leit, déi fannen hir Adress schonn eng Donnée sensible. Ech hunn do selwer, well ech laang am Secteur associatif täteg war an nach sinn, heiansdo déi ulkegst Reaktiounen erausfonnt.

Natierlech muss een do soen, dass et zu Situatioune ka kommen, déi net ganz evident sinn. Ech huelen einfach d'Beispill vum Secteur associatif. Do hu mer jo definéiert, dass e just kann am Kader vu senger Activité légitime operéieren, dass en net kann déi Daten à des tiers sans consultation préalable communiquéieren.

Ech huelen einfach elo e ganz banaalt Beispill, Dir hutt de Gaart an Heem an deen invitéiert seng Memberen zu enger Konferenz iwwer Gunnera manicata an de Veilercher, dann ass dat jo guer kee Problem. Wann awer elo de Gaart an Heem seng selwecht Memberen zu enger Konferenz invitéiert, déi net direkt mat de Veilercher oder mat Geranien zesummenhänkt, mä eventuell mat engem phytosanitäre Produkt, dat dozou gehéiert, oder vläicht mat enger kultureller Veranstaltung, da muss ee sech schonn d'Fro stellen: Gehéiert dat zu sengen Activités légitimes? A wann eventuell deem Envoi nach eng Reklamm bäiläit vun engem Touroperator, deen eng Rees op d'Floriade zu Haarlem/Amsterdam organiséiert, da kann ee sech natierlech froen: Gehéiert dat zu sengen Activités légitimes oder ass dat e Grenzberäich, deen do iwwerschratt gëtt?

Do froe sech de Moment natierlech ganz vill Leit, déi Fichieren hu vun esou Associatiounen: Muss ech all Kéiers, wann ech iergendengem eng Invitatioun schécken, déi net total prezis mat menge Butë conforme ass, nach préalablement froen, ob ech däerf eng Invitatioun schécken oder muss ech eng Préinvitatioun schécken: Elo kritt Der gläich eng Invitatioun, däerf ech lech déi schécken?

Dat si Froen, déi sech stellen, déi natierlech an 99% vun de Fäll total banal sinn a wou keng Reaktioune kommen, mä ech weess pertinent, dass heiansdo Leit ganz sensibel dorobber reagéieren, wa se op eemol eppes geschéckt kréien, wat net honnertprozenteg mat deem iwwerenee stëmmt fir dat se sech do an e Fichier hunn aschreiwe loossen.

Nach e Beispill aus der Praxis, wat ech als esou e Grenzfall ugesinn, a wou ech net weess wéi et herno an der Praxis geregelt ass: Et huet sech duerchgesat, dass eng Rei vun Enseignanteën an Enseignanten net méi am Tëlefonsbuch fungéieren. Dat ass deelweis ganz legitim, well et gouf natierlech do oft Fäll vu Belästigungen déif an der Nuecht, an dat versteet een dann de prime abord, dass do Leit sech aus dem Tëlefonsbuch erausgemellt hunn. Allerdéngs muss een awer soen, dass d'Enseignanteën an d'Enseignante Personnes publiques sinn, déi Leit betreien, nämlech Schüler a Schülerinnen, wou d'Elteren e Recht hunn, fir sech mat hir a Verbindung ze setzen.

Elo ass et dann esou, dass d'Elteren dann an d'Schoul tëlefonéieren a soen: Kann ech d'Tëlefonsnummer kréie vun deem Enseignant oder där Enseignante, ech géif gäre mat där schwätzen? Da ginn et Schoulen, déi soen déi Nummer effektiv, natierlech ënnert der Moossgab, dass se se nëmmen däerfe fir déi Zwecker benotzen. Anerer soen einfach: Et deet mer Leed, dat ass eng Secretsnummer.

Do, mengen ech, muss een e Kompromiss fannen an der deeglecher Praxis, wou et awer net esou ka sinn, dass Leit, déi an enger öffentlecher Funktioun sinn, sech kënnen ofschotte par rapport zu deene Persounen, wou se awer eng gewësse Responsabilitéit hunn. Dat si wéi gesot kleng Detailer, déi herno an der Praxis sech wäerten erausschielen.

En drëtte Punkt, deen ech kuerz wollt uschwätzen, ass dee vun der Surveillance mat Videokameraen. Mir si jo hei zu siechzeg Leit, déi dovunner extrem betraff sinn. Vun eisen Ugehéierege weess jo jiddfereen zu jiddferengem Moment, ob mer eng Kéier bis eraus e Kichelchen iesse gaange sinn oder op d'Toilette gaange sinn. Mir si jo schonn hei an där absoluter Big Brother Atmosphär.

Une voix.- Big Brother ass, wann Är Fra ka sämtlech Kameraen hei aus dem Sall esou bewegen, dass se lech ëmmer fënnt an net nëmmen de President muss kucken.

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).-* Dat wär also eng interaktiv Televisioun, wou jiddferee sech säin Deputéierten erauswiele kann.

Mir hunn dat jo alleguer akzeptéiert, well mir hu jo e Consentement préalable dozou ginn, soss séize mer net hei an da géife mer keng Beméiunge maachen, erëmgewielt ze ginn. Dat schéngt also fir eis net esou gravéierend ze sinn. Allerdéngs muss ee soen - de Patrick Santer huet dat jo a sengem Rapport gesot -, dass d'Kameraiwwerwaachung omnipresent ass. Ech mengen, do war d'Beispill vu London, wou een 300-mol, wann een duerch London geet, gefilmt gëtt.

Ech denken, dass et do erëm eng Kéier e Kompromiss ass zwëschent deene Situatiounen, wou dat noutwendeg ass, siefen dat Bancomaten oder Parkingen, awer besonnesch Lieux d'insécurité, wéi zum Beispill Fraeparkplazen oder Ähnleches, wou awer trotzdeem nach e gewësse Besoin besteet, fir esou eng Videoiwwerwaachung zu maachen. Wann ech den Text einfach esou als Text huelen, dann denken ech, dass dat awer ganz befriddegend ass, dass jiddfereen eigentlech en connaissance de cause weess, dass en dee Moment iwwerwaacht gëtt.

En anere Fall ass dat natierlech bei der Aarbecht. Ech konnt d'Argumentatioun, fir a verschiddene Fäll Videoiwwerwaachung ze maachen oder Iwwerwaachung um Schierm bei der Aarbecht, an de meeschte Fäll net esou richteg novollzéien. Et ka vläicht Grenzfäll ginn, wou een nëmme kann d'Produktivitéit vun enger Aarbecht duerch Iwwerwaachung feststellen, mä ech mengen, dass dat esou rar ass, dass een eigentlech dat soll souwisou ausschléissen.

Ech fannen et duerfir ganz wichteg, wann et eng Iwwerwaachung géif ginn wéinst iergendenge Sécherheetsmoossnamen oder soss wéinst iergendeppes, dass eng Information préalable stattfënnt, dass de Comité mixte d'entreprise oder d'Personaldelegatioun doriwwer Bescheed weess an eventuell ka mat diskutéieren. Natierlech bleift bei ganz klenge Betriber nach ëmmer e Problem, well ech gesi kaum an enger klenger Tankstell, wou dann eng Caissière sëtzt, dass do e Comité mixte d'entreprise kann iergendeen Afloss huelen, wann do de Patron seet: Ech iwwerwaache permanent déi Persoun, déi do an der Keess sëtzt. Do kënnen natierlech da Problemer optrieden.

E véierte Punkt, deen ech nach wollt ernimmen - an deen net nëmme menger Fraktioun ganz wichteg ass - ass dee vun den Exceptiounen an do natierlech alles dat, wat d'Sûreté de l'Etat betrëfft. Mir krute vum Premier Minister iergendwann eng Kéier ugekënnegt, e géif de sou genannte Spëtzeldéngscht reforméieren. Ech denken, dass do schonn éischt Initiativen um Wee sinn. Ech sinn awer emol gespaant wéi dat da soll herno ausgesinn, besonnesch au vue vun deenen Exceptiounen, déi hei jo de Spëtzeldéngscht betreffen an déi vläicht a verschiddene Fäll kënne ganz nëtzlech sinn, well et ass jo keng Fraktioun heibannen, déi grondsätzlech géint esou Institutiounen ass, mä déi mussen awer contrôlabel sinn. Hei am Kontext vun der Iwwerwaachung mussen do awer kloer Regele bestoen, déi am Detail festleeën, wéini do kënnen Exceptiounen zu dësem Gesetz stattfannen.

Ech hunn do en negatiivt Beispill, well ech emol gelies hunn a wou ech e perséinlechen Témoignage héieren hunn, dass an Italien, ënnert där neier Regierung, dat

Instrument vun der Iwwerwaachung ganz staark utiliséiert gëtt. Sämtlech Leit, déi iergendwann eng Kéier zu Genua un engem bestëmmten Datum do ronderëm gelaf sinn an direkt oder indirekt mat bedeelegt waren un deenen Evénementer, gi systematesch iwwerwaacht, Wunnenge gi fouilléiert. Do muss ee sech effektiv froen, ob eng gewëssen Terrorismuspsychos net kann dozou féieren, dass verschidden Exceptiounsstipulatiounen herno ze vill breet vun enger Regierung ausgeluegt ginn.

Do ass natierlech den Droit d'information an den Droit d'accès ganz wichteg, och wann ech mer bewosst sinn, dass een a verschiddene ganz heiklen Situatiounen net ka mat der wierklech optimaler Transparenz operéieren.

E fënnefte Punkt, dee mer wichteg schéngt, ass dee vun dem Droit d'opposition. Dee schéngt mer am Gesetz, fir eis Begrëffer, zumindest um Pabeier, wäitleefeg a prezis definéiert. Ech gesinn, wann ech um Internet heiansdo e bësse kucke ginn, do gesäit ee jee no Land sinn d'Dispositioune méi oder manner streng. Ech fannen et zum Beispill interessant, wann Der op en US-amerikanesche Site gitt, do hutt Der ganz prezis a ganz extensiv Informatiounen doriwwer, wat dann elo unlawful ass a mat wat Der musst rechnen, wann Der eppes op deem Site maacht, wann Der eppes bestellt an esou weider. Et geet natierlech deelweis an de Commerce électronique, mä dat betrëfft souguer Siten, déi kee Commerce maachen. Do steet dann ëmmer en extrat Kapitel dobäi, wat do passéiert, wann een an dee Site erakënnt an zu wat ee sech do engagéiert.

Mäi leschte Punkt ass: De Point fort vun dësem Gesetz ass säin Text an de Point faible ass dat, wat net am Text schonn dra steet, mä wat sech herno an der Praxis muss erausstellen. Besonnesch ass dat de Fonctionnement vun der Commission nationale pour la protection des données, well ech kéint mer virstellen, dass déi dräi Leit plus dee Staff, deen se dann hunn, an enger éischter Phas vun enger Lawin vun unzemellende Fichieren an unzemellenen Traitementer...

(Interruption)

Voilà, Traitementer vu Fichieren, déi do ugemellt ginn.

Do stelle sech dann zwou Problematiken. Éischtens, de Public ze informéieren, wat dann elo an deem Dateschutzgesetz iwwerhaapt hei dra steet. An zweetens, iergendwéi déi Leit, déi offensichtlech dann net matkréien, dass et esou e Gesetz gëtt, fir déi ze motivéieren hir Traitementer unzemellen.

Duerfir konnte mer déi Motioun, déi d'Mme Beissel an engem vorauseilendem Ungehorsam hei presentéiert huet - well ech wollt eigentlech eng ähnlech presentéieren an ech mengen den ADR och -, natierlech an deem Moment hei ökumenesch ënnerschreiwen. Ech denken, dass dat ganz wichteg ass. Ech beneiden allerdéngs net déi Persoun an ech hoffen net, dass den Här Santer nach eng Kéier muss de Kapp hinhalen, fir eng vulgariséiert Faassung vun dësem extrem komplizéierte Gesetz nach ze verfaassen.

Ganz wichteg ass déi Problematik vun der Interconnexioun, well do ginn et jo awer Beräicher, wou d'Interconnexioun ganz schwiereg festzestellen ass, well et gi jo souwuel am associative wéi am kommerzielle Secteur Organismen, déi esou no bei der Thematik schaffen, wou een net méi ganz kloer gesi kann, ob et eng Interconnexioun gëtt: zum Beispill, wa Banke mat Assurancë quasi verflecht sinn. Da weess een net: Ass deen Traitement elo spezifesch op dee Fichier vun der Bank oder dee vun der Assurance ze definéieren? Do gëtt et wahrscheinlech nach eng relativ haart Klengaarbecht, fir dat alles auserneen ze halen.

Wat mer och wichteg erschéngt ass d'Continuitéit vum Contrôle externe. Wann d'Commission nationale de la protection des données an enger éischter Phas iwwerlaf gëtt, da muss ee sech natierlech froen, ob een hir Moyene gëtt, fir deen éischte Peak ze iwwerwannen, quitte dass se herno an enger Vitesse de croisière weiderfiert.

A schliesslech, an dat ass mäi leschte Punkt, dee vum Contrôle interne, also dee vun deem sou genannten Dateschutzbeauftragten, wat mer eng schrecklech wichteg Funktioun ze si schéngt, déi allerdéngs bei klengen Entitéite schwéier duerchzesetzen ass. Do muss ee sech froen, ob scho virgesinn ass, datt déi Leit eng Formation initiale kréien an a wéi engem Mooss assuréiert ass, dass déi eng Formation continue behalen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass mer et hei mat enger extrem komplizéierter Matière ze dinn haten. Ech hu mer wierklech all Méi ginn, fir do nach ganz vill Hoer an där Zopp ze fannen, mä de Rapporteur hat déi Zopp esou oft opgekacht an ëmgedréit, dass mer awer näischt aneschters iwwreg bliwwen ass, fir menger Fraktioun ze empfehlen dëst Gesetz hei ze stëmmen. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech direkt vu vir eran entschëllegen, dass ech dee parteiiwwergräifende Konsens, dee jo schéngt ze bestoen iwwert dat Gesetz hei, e bësse muss briechen.

Ech mengen, den Här Bodry hat virdrun eng ganz richteg Saach gesot. En huet gesot: "Dat hei ass eng Marché-intérieur-Direktiv an déi individuell Rechter stinn net esou am Virdergrond." Ech mengen, d'Haaptzil vun där Direktiv ass déi fir d'fräi Zirkulatioun vun den informateschen Donnéeën ze garantéieren an eng vun deene Viraussetzungen ass eben, dass e gläiche Protectiounsniveau

besteet am europäesche Raum, dass also en Equiliber geschafe gëtt zwëschent deenen zwee Prinzipien.

Et muss een awer hei kloer soen, dass Lëtzebuerg eng Gesetzgebung huet op deem Gebitt, an zwar eent vun deenen éischte Länner war, ech menge kuerz no Frankräich, inspiréiert nom franséische Modell, schonn 1979, wou an engem Gesetz d'Utilisation des données informatiques geregelt ginn ass, wou verschidden Änneruge komm sinn a souguer en Texte coordonné 1992 zu deem Gesetz erauskomm ass. A mir hunn e Gesetz vun 1981 iwwert d'Vie privée, wou eng Rei vu Saachen dra stinn, zimlech kloer ausgedréckt, ouni déi vill Ausnahmen, déi hei am Gesetz dra stinn.

Ech froe mech, ob déi Gesetzer manner Protectioun bidden. Wann dat de Fall ass, dann hätten se jo kënnen ugepasst ginn un déi nei europäesch Direktiv, wéi dat de franséische Gesetzgeber gemaach huet. Dat franséischt Gesetz besteet net an engem neie Gesetz, mä besteet an enger Adaptatioun vum Gesetz vun 1978 an et ass betount ginn am Rapport virum franséische Parlament, dass dat aus historeschen a symbolesche Grënn geschitt, dass déi Direktiv net telle quelle transposéiert gëtt, mä dass se op der Basis vun deem franséische Gesetz, wat bestanen huet, transposéiert gëtt.

Den Här Braibant, deen de Rapport fir d'franséisch Regierung geschriwwen hat an deem Zesummenhang, huet gesot: "Tandis que les droits français, allemand ou suédois, faisaient de la protection de l'individu face aux dangers de l'informatique une fin en soi, le droit international et européen faisait de cette protection la contrepartie du principe de la libre circulation."

Ech mengen do mécht sech eng gewësse Verschiebung zwëschent deene Finalitéite vun der ursprünglecher Gesetzgebung a vun de Finalitéite vun der Gesetzgebung wéi se elo soll transposéiert ginn. Et wier méiglech gewiescht, menger Meenung no - mir hate jo laang Zäit dofir -, fir d'Direktiv un déi bestehend Gesetzgebung unzepassen. Dat wär ouni Zweifel méiglech gewiescht an et hätt d'Souveränitéit vu Lëtzebuerg grad an esou grondlegende Mënscherechtsfroe kloer demonstréiert, déi jo nach ëmmer ënnert d'Kompetenz vum Lëtzebuerger Stat falen.

Déi Gesetzgebung ass net esou schlecht wéi se gemaach gëtt. Ech wëll nëmmen hei ee Beispill huelen: am Artikel 15 vum Gesetz iwwer den Dateschutz vun 1979, iwwert d'Réglementation de la collecte des données, steet ganz kloer dran: "Il est interdit de collecter et d'enregistrer dans des banques de données les données relatives aux opinions ou activités politiques, syndicales, philosophiques ou religieuses des personnes, ainsi que les données concernant l'intimité de la vie privée." Méi kloer an däitlech kann een et net formuléieren, ouni vill Exceptiounen do nach hannendrun ze hänken.

Firwat - froen ech mech hei - dee verschachtelte komplizéierten europäeschen Text iwwerhuelen an en dann nach zousätzlech verschachtelen? An engem Avis hunn ech gelies et wier e regelrechte Mobbing législatif, deen do géif geschéien. Et ass jo hei dacks beklot ginn, dass déi Texter esou komplizéiert ze liesen an ze interpretéiere wieren, dass ech mech froen, ob se iwwerhaapt gëeegent sinn, fir esou eng grondlegend Matière wéi d'Liberté individuelle ze reglementéieren.

Da geet deen heiten Text a verschiddenen, awer menger Meenung no wichtege Punkten, ewech iwwert dat, wat d'europäesch Direktiv eis iwwerhaapt virschreift; zum Beispill, wat d'Fro vun de geneteschen Informatiounen ugeet. Do gëtt zwar prinzipiell an engem ganz klenge Saz gesot: Déi Données sensibles däerften net gebraucht ginn, mä gläichzäiteg ginn eng ganz Partie vun Ausnahme geschafen, zum Beispill an esou héchst sensibele Beräicher wéi deene vun der Medezin, an doranner falen zum Beispill d'Assurancen, d'Pensiounsfongen an esou weider, net nëmmen d'Sécurité sociale, wéi dat bis elo de Fall war.

Dat si jo awer Institutiounen, déi net um Intérêt public berouen, mä wou knallhaart Geschäfter mat der Gesondheet gemaach ginn. Dat muss ee jo awer emol soen, dass déi Leit déi Données sensibles zur Verfügung gestallt kréien. Ech froe mech, ob hei net eng Boîte de Pandore opgemaach gëtt an dee Consentement de la personne oder esou e Prinzip wéi d'Indisponibilité du corps humain, déi festgehale ginn, wou et iwwregens am Exposé des motifs heescht: "La mention véhicule son lot d'incertitudes", an do froen ech mech, ob dee Lot d'incertitudes e staarke Schutz genuch ass, fir Mëssbraich ze verhënneren. Mir wësse jo wéi et mam Consentement ass a kontraktleche Froen zum Beispill. Ech mengen, hei hätt misste seriö, fundamental a breet diskutéiert ginn an et hätt missten e Gesetz kommen, dat déi sensibel Froe vun der Genetik regelt.

Wat geschitt elo? Déi Froe gi wahrscheinlech net gesetzlech geregelt, wéinstens net an deenen Aspekten do, mä et kënnt iergendwann eng Kéier e Règlement grand-ducal oder et gëtt iergendwann eng Kéier eng Assurance autoriséiert, fir genetesch Donnéeën ze sammelen, ouni dass dat hei nach eng Kéier an der Chamber esou diskutéiert gëtt a Verbindung mat de wesentleche Mënscherechter, déi domat verbonne sinn.

Ech wëll datselwecht hei emol eng Kéier soen zur Fro vun der Aarbechtsplaz. Och do hätt net misste légiféréiert ginn, Här Minister.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.*- D'Chambre de Commerce wollt et och net reglementéieren.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech mengen iwwregens, dass d'Gesetz vun 1981, och wat d'Aarbechtsplaz betrëfft - ech weess elo net, ob et Jurisprudenzen do gëtt -, mä ech mengen, dass dat Gesetz et géif méiglech maachen, och wann et vläicht nach net de Fall ass,...

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.-* Dat hunn ech jo och dem Här Glesener deemools geäntwert. D'Gesetz mécht et méiglech, mä da muss de Salarié Recours maachen iwwert dat Gesetz beim Riichter.

Ech hunn awer léiwer mir wësse jiddfereen am Betrib, wat geschitt, well dat Gesetz verbitt net, datt Kameraen opgeriicht ginn. Dat Gesetz vun 1981 verbitt, dass mat de Kameraen Unfug geschitt, mä am Regelfall weess de Salarié emol haut iwwerhaapt net, ob eng Kamera op e geriicht ass oder net. Dat, wat mir hei wëlle maachen, dat ass fir dem Salarié Rechtssécherheet ze ginn an en net ze forcéieren all Kéiers bei den Affekot ze goen, wou en awer meeschtens de Schrëtt net mécht, fir da viru Geriicht ze goen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Jo, mä mir haten awer schonn de Fall, wou an engem grousse Geschäft esou Kameraen opgeriicht waren a wou herno déi Mesure awer erëm réckgängeg gemaach ginn ass, ënnert anerem, mengen ech, mat Hiweis op d'Gesetz vun 1981 iwwert d'Protection de la vie privée.

Ech hätt léiwer gehat, déi Froen do wiere geregelt ginn am Kader vun eisem Aarbechtsgesetz, wou zum Beispill d'Recht festgehale gi wier vun all Salarié op senger Aarbechtsplaz, am Rumm natierlech vun der Aarbechtsuerdung, eng gewësse Kommunikatioun kënnen ze maachen iwwert säi Mail an iwwer Internet souguer eventuell, dass dat net vu vir era kriminaliséiert, mä als Recht op Privatsphär op der Aarbechtsplaz considéréiert gi wier, an dass zum Beispill am Aarbechtsrecht ganz däitlech, nach méi däitlech wéi bis elo - elo ass et jo net de Fall - Recoursen dra geschriwwe gi wieren, zum Beispill eng Action en empêchement virum President vum Tribunal du Travail.

Elo muss de Salarié higoen an e muss eng Action en empêchement maache virum President vum Tribunal d'arrondissement. Ech froe mech, ob dat den natierleche Riichter an deenen dote Froen ass. Iwwregens stelle sech déi Froen do, vun Action en empêchement op der Aarbechtsplaz, och zum Beispill an esou Froe wéi dem Mobbing, wou keng richteg Rechter besti vum Salarié, fir do virzegoen.

Den Här Santer wollt eppes froen.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.-* Ech wollt lech eng Fro stellen: Gëtt et e President vum Tribunal du Travail, fir datt een do e Recours kéint maachen?

Ech mengen et gëtt e Juge de paix directeur.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Ouni Zweifel ginn et Prozedure virum President vum Tribunal du Travail.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.-* Ech weess et net esou richteg.

(Interruptions)

Dat heescht Dir géift och d'Juridiction du travail dann änneren.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Ech hätt léiwer gehat et wier an d'Kompetenz vun der Juridiction du travail gefall. Ech menge prinzipiell erméiglecht d'Gesetz vun 1981 jo eng Partie Saachen, mä et huet ee kee richtege Recours, wann e Mëssbrauch besteet, grad esou wéi een iwwregens am Mobbing - an den Här Minister weess dat ganz genee - kee richtege prezise Recours huet, fir dass de Riichter do nom Rechte kuckt.

Ech hätt léiwer gehat dat hei wier virgesi ginn am Aarbechtsrecht direkt.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.-* ...de Riichter kuckt après coup nom Rechten, mä dann ass d'Bëtschel fett.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Ech weess net, ob dat hei déi richteg Recourse sinn, wou zum Beispill d'Délégation du personnel hir Roll ka spillen, wou zum Beispill d'Inspection du Travail hir Roll kënnt spillen an esou weider. Ech weess net, ob dat hei déi richteg Recourse sinn.

Datselwecht gëllt - mä ech hunn nëmmen zéng Minutten hei, fir ze schwätzen. Wann ech Zäit bäikréien, da kann ech nach méi laang schwätzen.

M. le Président.- Zwou Minutte kritt Der bäi, Här Urbany. Ënnerbriecht de Riedner net an engem Stéck!

Une voix.- Sinn et der zéng?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Et sinn der zéng: Modell zwee.

M. le Président.- Här Urbany, fuert weider.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Wat d'Loi de la presse ugeet. Et ass jo kritiséiert ginn. Ech hunn och an enger Zeitung haut gelies vun enger Clause liberticide, déi do dra stéing. Ech hätt léiwer gehat déi Aspekter hei hätte kënne mat de Journalisten diskutéiert ginn. Et wär besser gewiescht, menger Meenung no, fir déi Aspekter hei carrément aus deem Gesetz erauszehuelen.

Iwwregens, déi europäesch Direktiv gesäit net esou däitlech vir, dass hei misst ganz prezis légiféréiert ginn, mä si seet einfach, d'Loi nationale misst déi Fäll regelen. Et wier also prinzipiell hei méiglech gewiescht, zesumme mat deene Betraffenen, an engem anere gesetzleche Kader, wou zum Beispill hätt kënnen de Quelleschutz kloer dran definéiert ginn, dat do ze diskutéieren.

Dann eng lescht Saach nach, déi ass hei schonn ugedeit gi vum Här Garcia: Et ass jo kloer, dass dat heite Gesetz iwwert den Dateschutz weder d'Sécurité publique nach penal Froen nach de Service de renseignement betrëfft. Amplaz, dass hei e gewësse Schutz géif geschafe ginn,

kritt d'Regierung au contraire fräi Hand ënnert dem Ëmgoe vum Parlament, fir op deene Gebitter do virzegoen, wat d'Préventioun souguer ugeet vun Infractions pénales, d'Recherche, d'Feststellung, d'Sûreté de l'Etat, d'Défense an d'Sécurité publique. Mir hunn en neit Terrorismusgesetz, wat soll iergendwann eng Kéier hei zur Diskussioun kommen, wou menger Meenung no ganz bedenklech Definitiounen dra stinn. Ech wëll elo net heirobber agoen.

Dann zum Beispill esou Froe wéi Europol. Europol ass hei ganz staark kritiséiert ginn, wéi et agefouert ginn ass 1978. D'DP huet sech deemools souguer enthale bei deem Europol-Gesetz. Den Här Rippinger huet et ganz staark kritiséiert an en huet geschwat vun enger seriöser Entrave, déi hei géif gemaach ginn un de fundamentale Rechter vun deenen eenzelne Bierger.

Déi Europolsprozedure kënne lo weiderhin applizéiert ginn, do ass kee Kraut dogéint gewuess, do schwätzt kee Mënsch vum Dateschutz. Dat ass awer och e ganz sensibelt Gebitt.

Ech froe mech och, Här Minister, firwat hei an deem Gesetz déi Bestëmmungen agefouert gi sinn, wat den Artikel 88 vum Code d'instruction criminelle ugeet, déi d'Kontroll vun den Telekommunikatioune betreffen. Wat huet dat mam Dateschutz ze dinn? Wa mer hei de Code d'instruction criminelle änneren an do keng Dateschutzmoossnam direkt draschreiwen, dann huet dat jo guer näischt mat deem heite Gesetz ze dinn. Dat ass jo eng Zweckentfremdung vun deem heite Gesetz, fir am Fong geholl nach méi ze erliichteren, an dem Code d'instruction criminelle, fir lwwerwaachungen ze maachen.

Wann an Zukunft déi Dammen an déi Häre vun der LSAP nach eng Kéier eng Zilscheif gi vu Répérage téléphonique, da muss ee soen, dass op Grond vun deem Gesetz, wat mer haut stëmmen, dat voll automatesch geschitt, Här President. Da brauch emol keng Requète méi bei der Post gemaach ze ginn, da brauch een einfach um Computer eppes anzeginn an da geschitt dat voll automatesch. Da kann ee seng Zilpersoun, wéi et sou schéin heescht, op der ganzer Welt ouni Problem verfollegen.

Dat hei Gesetz, wat jo eigentlech e solennelt Gesetz misst sinn, fir den Dateschutz ze garantéieren, gëtt benotzt fir esou Saachen eranzebréngen, woumat och eng Kéier erëm symbolesch, mengen ech, dokumentéiert gëtt, dass den europäesche Sécherheetsstat, deen amgaang ass opgebaut ze ginn, vun den normale Mënscherechter a vun der normaler demokratescher Kontroll och weiderhin ausgeholl soll bleiwen.

No deene méi prinzipielle Bemierkunge wëll ech nach e puer Saache soen, awer ganz kuerz, Här President.

Ech hu Problemer mat deem, wat hei festgehalen ass, wat d'Rechter vun där Kommissioun ugeet, déi soll geschafe ginn. Déi kritt jo wäitgehend Investigatiounsrechter. Déi Investigatiounsrechter kritt se och zum Beispill, wat d'Karteien ugeet vun Organisatiounen, Parteien, vu reliéisen Organisatiounen a sou weider. Wann do eng Plainte virläit vun engem Member oder vun iergendengem aneren, da kann déi Kommissioun zum Beispill do recherchéiere goen an an déi Kartei era kucke goen, wat do geschitt. Awer zum Beispill, wann Intérêts économiques ou financiers importants de l'Etat ou de l'Union Européenne en cause sinn, da gëtt ausdrécklech gesot, dat fällt weder an d'Informatiounsrecht vun de Persounen, nach an d'Kontrollrecht vun där Kommissioun. Also gi mer bei Greenpeace zum Beispill, oder iergendeng aner Organisatioun, kucken, wat fir eng Membren do dra sinn, mä, wann et ëm e fundamentaalt ekonomescht Recht vum Stat geet, däerf kee Mënsch dra kucken.

Ech fannen och, dass déi Zesummesetzung vun där Kommissioun net gekläert ass.

Hei gëtt gesot, de Comité consultatif des Droits de l'homme soll e Rapport maachen iwwert d'Aktivitéite vun där Kommissioun. Da froen ech mech awer: Hätt deen dann net och misste gefrot ginn, fir e Rapport zum Beispill iwwert dat Gesetz hei ze maachen?

(Interruption)

Glift? E läit awer net a menger Dokumentatioun. Dann huet e vläicht der Regierung en zougestallt. Ech ka vläicht och bei där viller Dokumentatioun…

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.*- Här Urbany, et kann een och Zeitung liesen. E war an allen Zeitungen in extenso veröffentlecht. Souguer an där Zeitung, vun där ech mengen, dass Der se als éischt liest.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech sti kenger Zeitung besonnesch no. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e bekannten an deemools scho wäitsichtege sozialkritesche Sänger huet virun zech Joren dat Lidd komponéiert a gesongen: "Wir werden alle überwacht." Dat Lidd hätt een am Fong gutt haut kënne bei dësem Projet als Begleitmusek spille loossen.

An där onklorer Situatioun, an där mer haut sinn, géife mer onweigerlech op eng, trotz aller Gesetzgebung, déi mer schonn hunn, wat d'Protection des données ubelaangt, Big-Brother-Situatioun histeieren, wa mer net eng Rei Spillregelen aféieren a strikt applizéiere géifen, wann et iwwert d'Protectioun vun den Donnéeën an der Intimsphär an de perséinlechen Donnéeë geet.

Wéi mäi Parteifrënd, den Här Greisen, et schonn ugedeit huet, wëll ech hei e puer Wuert iwwert den Artikel 11 vun dësem Gesetz verléieren, deen an der Commission du Travail behandelt ginn ass, well en am Zesummenhang mat der Aarbechtswelt steet.

Den Artikel 11 war ursprünglech sou formuléiert, datt e weder vun der Salariéssäit nach vu senge Vertrieder konnt an där Form acceptéiert ginn. Den Artikel 11 hat a sengem Ofsaz D ursprünglech virgesinn, datt en Employeur anhand vum Asetze vun Iwwerwaachungskameraen d'Rémunératioun definéieren oder och d'Prestatioun vum Salarié kontrolléiere konnt.

Och soll am Kader vun der Aarbechtsorganisatioun den Horaire mobile kënne per Kamera kontrolléiert ginn. Net nëmmen, datt déi am Horaire mobile erschafften Iwwerstonne kënne vun enger Referenzperiod an déi aner verschleeft ginn, no der Modifikatioun vum PAN-Gesetz, ouni datt awer Supplémente geschëllt ginn, mä lo kënnen d'Salariéen nach iwwerwaacht ginn, wa se Iwwerstonnen am Interesse vum Betrib prestéieren.

Wat mech awer am meeschten an deem Artikel 11 Ofsaz D gestéiert huet war de Phenomeen, dass d'Kamera soll kënnen agesat ginn, fir d'Rémunératioun vum Salarié exakt ze definéieren. Do muss ee jo awer als Gewerkschaftler wierklech de Kapp wéi kréien.

Mir hunn eng Législatioun, déi d'Mindestléin, d'Mindestmonats- an d'Mindeststonneléin kloer festleet. Mir hu Kollektivverträg, déi Lounbedingunge festleeën. Wat kann dann nach eng Kamera fir eng Lounkategorie festleeën, a wat kann een nach mat enger Kamera u Loun kloer definéieren?

Aus den Diskussiounen an der Kommissioun ass dorophin e Konsens fonnt ginn, no laangen Diskussiounen iwwregens, andeem festgehale gëtt, dass Kameraen nëmmen dierfen opgestallt ginn, fir eng Rémunératioun ze definéieren, wann dat dat eenzegt Mëttel ass, fir eng Rémunératioun exakt kënnen ze definéieren. Nodeem mer d'Gesetzgebungen awer all hunn, déi d'Léin kloer definéieren, ass dat also praktesch ni de Fall.

Wat awer wichteg ass, a wou d'Kommissioun sech eens war, dat ass, datt keng Kamera däerf opgestallt ginn, ouni eng Informatioun an en Accord préalable vun de Matbestëmmungsgremien, den Delegatiounen oder vun de Salariéë selwer ze hunn.

Här President, d'Ursaachen, firwat dëst Gesetz muss kommen, si kloer. D'Iwwerwaachung, sief et duerch Kameraen oder soss informatescht Material, ass därmoosse verbreet, ouni dass déi iwwerwaachte Persoune sech konnte bis elo wierklech dogéint wieren an ouni datt se am Virfeld am Fong hu missten informéiert ginn.

Och d'Speichere vu perséinlechen Daten, dat mam Accord vum Betraffene gemaach gëtt, muss zu all Moment vun him kontrolléiert kënne ginn, an d'Daten dierfen näischt Zousätzleches enthalen, wat net am Virfeld vum Salarié accordéiert ginn ass. Ech mengen, dat sinn awer Mesurë fir de Salarié ze protégéieren, déi onbedéngt noutwenneg sinn, an déi kloer an däitlech sinn.

Eng vun den Diskussiounen, déi am Kader vun dësem Gesetz gefouert gi sinn an nach weider wäerte musse gefouert ginn, ass déi ëm d'Tëleaarbecht. Dëse parallellen Aarbechtsmaart, dee ganz schwéier vum Stat ze kontrolléiere wäert sinn, wou mer elo awer dem Employeur mat dësem Gesetz d'Méiglechkeet ginn, seng Salariéen ze iwwerwaachen, geet enger geféierlecher Entwécklung entgéint.

Bei der Tëleaarbecht handelt et sech ëm e Partikularofkommen tëschent dem Employeur an dem Salarié, deem net d'Aarbechtszäit, mä nach just nëmmen d'Aarbecht remunéréiert gëtt. Och wann de Salarié säin Accord muss ginn, fir datt de Patron seng Aarbechtszäit oder d'Benotze vum Aarbechtsmaterial, wat hien him zur Verfügung stellt, kann iwwerwaachen, sou wësse mer jo awer, wéi et an der Praxis ausgesäit. Et wäert jo kee Salarié, dee gäre sou eng Tëleaarbecht fir doheem hätt, sech traue sech de Bedingunge vum Employeur ze widdersetzen.

Et wäert och de Gewerkschaften, och wann et d'gesetzlech Bestëmmunge sollte ginn, schwéier falen, d'Salariat virun dësem parallellen Aarbechtsmaart ze schützen. Do wäert an Zukunft och nach eng Diskussioun gefouert musse ginn, fir dëst an de Grëff ze kréien.

Här President, mir ginn all iwwerwaacht a kréie lo e Gesetz, unhand vun deem mer musse gefrot ginn, ier mer iwwerwaacht ginn. Elo musse mer d'Iwwerwaacher iwwerwaachen, fir datt déi eis Donnéeën oder eis Biller, eis Grimassen an eis Ticken net zur allgemenger Volksbelustigung public maachen.

Egal, wéi et ass, an egal aus wat fir engen Ursaachen eis Donnéeën oder eis Biller gespeichert ginn: Och wa mer eisen Accord ginn, geet awer mat all Agrëff an eis perséinlech Donnéeën, Aarbechtsweis oder Bewegungsweis e Stéck perséinlech Fräiheet verluer. Et kann op der Aarbechtsplaz zu Onsécherheetsgefiller féiere mat Unfallgefor. D'Unfallgefor kann erhéicht ginn, déi jo duerch d'Iwwerwaachung vun därselwechter Kamera jo awer ageschränkt soll ginn. Mir brauchen dëst Gesetz, fir dass e Maximum zum Schutz vun dem Individuum a besonnesch vum Salarié a senger Intimitéit ka garantéiert ginn.

Abüen a puncto Dateschutz sinn et ëmmer ginn, a wäerten et och mat dësem Gesetz - leider - nach ginn. Den Accord préalable vum Salarié oder senge Vertrieder an awer och déi staatlech Kontrollmechanisme kënnen dofir suergen, dass sech de Schued awer a Grenzen hält.

Här President, wou ech staark drop halen, dat ass, datt ech am Virfeld informéiert ginn, wann an Zukunft hei mäin eidle Stull gefilmt gëtt. Dofir, Här President, gëtt

och de Gewerkschaftsfligel vum ADR säin Accord zu dësem Gesetz.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Wuert huet den Telekommunikatiounsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre délégué aux Communications.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem den Här Santer scho ganz ageräuchert ass vun all deem Weihrauch, deen hei verspreet ginn ass, muss ech him awer merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer haten. Mir hunn hei e ganz komplext Gesetz, a mir sinn eis eens ginn.

(Interruption)

Jo, kommt eran. Et deet ëmmer sou gutt, wann een op d'Schëller geklappt kritt.

Mir mussen merci soe fir déi ganz gutt Zesummenaarbecht, déi mer haten, fir dat Gesetz nach fristgerecht kënnen auszedäitschen an och déi Amendementer gemeinsam an der Kommissioun auszeschaffen, wat eis hei erlaabt huet, fir deen ursprünglechen Text, wéi ech en deponéiert hat, op wesentleche Punkten ëmzeänneren, e wesentlech ze verbesseren, an dat an enger gudder Zesummenaarbecht an och an engem Konsensus mat der Kommissioun. Ech wëll dofir sämtleche Kommissiounsmembrë merci soen, d'Oppositioun, déi do war, ageschloss. Eng Oppositiounspartei ass net an där Kommissioun vertruede gewiescht. Dat erkläert vläicht och, woufir den Här Urbany méi schaarf hei widder dat Gesetz gefuer ass, well, wann e sech mat un den Aarbechte bedeelegt hätt, wär e vläicht méi nuancéiert gewiescht.

1. Et muss een nämlech wëssen - an dat si meng fënnef Remarken, déi ech hei wëll maachen -, dass éichtens dat Gesetz ganz komplex ass. Et ass politesch extrem wichteg an technesch schwiereg. Dat sinn all déi Matièren, déi am schwéiersten ze behandele sinn, well et ëm wesentlech Grondrechter geet, an et geet ëm eng Balance tëschent zwee Grondrechter, engersäits der libre circulation vun den Donnéeën, an anerersäits der Protectioun vun der Vie privée. Dat ass ëmmer e schwieregen Equiliber. Wa mer dat neit Pressegesetz maache wäerten, da wäerte mer och erëm eng Kéier mat all deeneselwechte Froen ze di kréien.

Dat huet een och gutt gesi bei den Avise vun de Chambres professionnelles. Wann ech déi emol opdeelen, dann hunn ech der zwee fonnt, déi ech ganz gutt fonnt hunn, an zwar déi vun der Chambre des Employés privés an der Chambre des Métiers, déi ganz nuancéiert do erugaange sinn, déi déi Komplexitéit verstanen hunn a versicht hunn, Verbesserungsvirschléi ze maachen, déi mir och zimlech iwwerall opgeholl hunn.

Da waren zwou Chambres professionnelles, déi einfach drageschloen hunn a mat kontradiktoreschen Elementer gesot hunn, d'Gesetz daagt souwisou näischt; dat waren d'Chambre de Commerce an d'Chambre du Travail, sou dass ech och net vill Wäert op déi Avise geluegt hunn.

Mir hunn et hei ze dinn, an déi meescht Virriedner hunn et gesot, mat engem Balanceakt tëschent deem, wat d'Direktiv gären hätt - den Här Bodry huet et als éischte gesot -, nämlech der libre circulatioun, an der Protectioun. Mä mir hu wesentlech versicht an dësem Gesetz vill méi Protectioun materanzekréien.

2. Mir hunn hei e Gesetz gemaach, wat net nëmmen d'Direktiv transposéiert, mä wat versicht eng allgemeng Rumm ze ginn iwwert Dateschutz - wat e schlechten Terme ass, wéi d'Mme Beissel och nach sot - zu Lëtzebuerg. Mir hunn eis net nëmme wéi d'Direktiv op d'Privatpersoune bezunn, mä och op d'moralesch Persounen. Mir hunn eis net, wéi d'Direktiv gesot huet, nëmmen op de Privatsecteur, mä och op den öffentleche Secteur beruff. Et ass jo net esou, dass hei nëmmen e Fräibréif géif fir öffentlechen Dateschutz entstoen. Et entstinn hei och Regele fir den öffentleche Secteur, wat mat sech bruecht huet, dass d'Police, de Parquet a sou weider, öfters intervenéiert sinn, fir ze soen: Gitt awer net ze wäit, fir dass mir herno eis Aarbecht iwwerhaapt nach kënne maachen. Vun deene Säite gëtt nämlech gefäert, mir géifen hei ze vill Kontroll erabréngen.

Mir hunn och eppes mat erabruecht, wat d'Direktiv iwwerhaapt net virgesäit, nämlech d'Surveillance souwuel dobaussen ewéi op den Aarbechtsplazen. Ech ginn net op déi Regelen elo an, déi mer hei fonnt hunn, et hu jo scho genuch Virriedner dovunner geschwat.

Zu dem Artikel 11, op der Aarbechtsplaz, wëll ech soen, dass eisen ursprünglechen Text ee war, deen an der Belsch vun de Sozialpartner ausgehandelt ginn ass. Mir hunn deen einfach vun der Belsch ofgeschriwwen a mir hunn en elo an der Kommissioun zesummen nach verbessert.

Ech bleiwen der Meenung, dass et besser ass, et weess jiddfereen, wéini a wou ka Video- an awer och informatesch Surveillance geschéien. Et muss een net onbedéngt virun d'Geriicht goe fir seng Rechter anzekloen, mä et huet een aner Méiglechkeeten iwwer seng normal Delegatiounen, awer och iwwert d'ITM, déi mer hei ageschriwwen hunn, respektiv iwwert déi Kommissioun, wat méi séier geet an oft méi effikass ass, wéi wann ee muss virun d'Geriicht goen, wat natierlech ëmmer Konflikt mam Arbeitgeber bedeit a wat d'Relatioune vun deem, dee virun d'Geriicht geet, op der Aarbechtsplaz net onbedéngt méi einfach doduerch mécht.

Et si puer Saachen déi nach net dra sinn an deem Gesetz. Dat ass emol fir d'éischt déi zwou Direktiven iwwert d'Telekom, wou et drëm geet op In, op Out, iwwert d'Annuairen an esou weider. Dat Element wäerte mer am Hierscht noschéissen.

Vun de Journalisten hu mer keng besonnesch Exceptioun hei drageschriwwen, well sämtlech Organer, wéi zum Beispill d'Commission des Droits de l'Homme, verlaangt hunn, mir sollen net an dësem Text vun de Journaliste schwätzen, mir sollen am Pressegesetz vun den Exceptioune vun de Journaliste schwätzen. Dofir gëtt dat am Pressegesetz geregelt an net an dësem Gesetz. Mir hunn an dësem Gesetz Exceptioune gemaach fir d'Liberté d'expression am Allgemengen. Awer wat d'Journalisten ubelaangt komme spezifesch Änneruungen no am Pressegesetz, an dat war de Wonsch souwuel vum Presserot wéi vun der Commission des Droits de l'Homme, an deem si mer och nogaangen. Elo ass deen hei éischter gestëmmt wéi d'Pressegesetz, mä d'Pressegesetz kënnt, an och do wäerte mer nach ganz spannend Diskussioune kréien.

Da sinn e puer Punkten, déi mer op anere Plaze musse regléieren, wéi d'Tëleaarbecht. Do ass en Accord tëscht den europäesche Sozialpartner komm an d'Lëtzebuerger Sozialpartner sinn amgaang och deen Accord ëmzesetzen. Dat geschitt also op enger anerer Basis.

Ech wëll am neien Delegéiertegesetz, esou wéi den Här Glesener et iwwrigens och hei gefuerdert huet, Bestëmmungen draschreiwen, wéi eng Delegatioun oder e Comité mixte kann op der Aarbechtsplaz modern Technologië benotzen.

Dann ass en drëtte Punkt wou mer musse kucken, wou mer deen am beschte léisen. Dat ass deen, wat deen Eenzelne vu Rechter huet mat der Informatik op der Aarbechtsplaz. Dat heescht, wéini kann e wat vun Email fortschécken an esou weider.

Dat geschitt. Dat ass eng Diskussioun, déi ech am Hierscht wëll mat de Sozialpartner an engem anere Kader féieren.

Sou dass mer e grousst Gesetz hei hunn, e Rahmegesetz, wou awer nach e puer Mosaikstécker feelen an déi ech awer wëll sou séier wéi méiglech mat erabréngen.

3. Drëtte Punkt, dat ass d'Kärstéck vun deem Gesetz, dat ass déi Commission nationale de la protection des données. Et ass virdru gesot ginn: A Frankräich fonctionnéiert dat Gesetz vun '78 ganz gutt. Zu Lëtzebuerg fonctionnéiert dat vun '79 iwwerhaapt net. Et fonctionnéiert ënner anerem net, well mer ebe keen esou e professionelle Staff haten. A Frankräich gëtt et déi CNIL, wéi se do hesscht, Commission nationale de l'informatique et liberté. Déi fonctionnéiert scho ganz laang, an dat ass d'Kärstéck vum franséischen Dispositif.

Mir hunn e schéint Gesetz zu Lëtzebuerg. Et erënnert mech e bësschen un d'stalinistesch Verfassungen. Do stoungen och all Fräiheeten dran, mä se hunn awer net fonctionnéiert.

Eist Gesetz vun '79 ass um Pabeier ganz schéin, mä et fonctionnéiert einfach net an der Praxis. Dofir hu mer et och misse ganz ëmänneren, ëmsou méi, wou et elo net méi ëm d'Banque-de-donnéeë geet, mä et geet ëm den Traitement, an dat ass en Ënnerscheed, deen oft vergiess gëtt. Et geet hei elo net drëm, dass zum Beispill d'Leit Donnéeë kommunizéieren un déi nei Kommissioun, wien an hirer Banque de données steet, wéi dat fréier, am 79er-Gesetz, gemënzt war. Et geet elo drëm, dass e seet: "Ech maachen en Traitement vun de Kategorië vu Leit an dat an dat kënnt drastoen." Et ginn net Donnéeë weiderginn, mä et ginn Traitementer notifizéiert.

Dat ass also och en Ënnerscheed mat deem neie Gesetz.

Déi Kommissioun, déi kann dat Gesetz nëmme mat deem Liewen erfëllen dat ech gär hätt, nämlech e Liewen, wat dat heite Gesetz laangwiereg mécht. Déi Kommissioun kann dat Gesetz also nëmme mat deem Liewen erfëllen, wa se an engem Geescht vun Autorégulatioun a vu Korégulatioun fonctionnéiert.

Déi Kommissioun soll net e Super-Riichter sinn. Déi Kommissioun soll mat alle Betraffenen Code-de-conduiten ausschaffen. Dat ass e wichtegt Element, wat an dësem Text hei drasteet, dass kënne Code-de-conduiten ausgeschafft ginn. Datt also net de Stat Reglementer schreift, mä wou zum Beispill verschidde Secteure vun der Wirtschaft - ech denken un d'Banken - sech mat der Kommissioun eens ginn iwwert d'Aart a Weis, wéi Dateschutz bei hinne fonctionnéiert.

Dann hu mer eng flexibel Handhabung, dann hu mer Mot-d'ordren no deenen et fonctionnéiert, dann hu mer Autorégulatioun an dann entsti scho ganz vill Abüen net. Ech denken och un de Commerce, wou dat extrem wichteg ass, dass dat vum selwe fonctionnéiert. Well just am Commerce hu mer d'Gefor, wann een an e Geschäft geet an e kritt do eng Carte de fidélité, dass iwwert déi Carte de fidélité kéint e Profil vum Consommateur opgestallt ginn, an dat Geschäfft kéint deen erëm weider verkafen un aner Betriber. Dat gëtt verhënnert an dësem Gesetz duerch den Droit d'opposition, mä ech hunn nach léiwer, et gëtt vu vir eran verhënnert doduerch, dass eben all déi Geschäfter, déi zu Lëtzebuerg sinn, sech esou engem Code de conduite géifen uschléissen an och selwer géife positiv d'Gesetz applizéieren an net misste gezwonge ginn, dat ze maachen.

Wichteg ass, dass déi Commission nationale total onofhängeg ass. Dat hu mer hei versicht ze maachen. Mir hu just ee Géigestéck, wat mer ganz hefteg diskutéiert hunn. Et war ee Virschlag vu mir, dee ganz kritesch vu verschidde Membere vun der Kommissioun begutacht gouf, nämlech dee wou ech virgeschloen hunn, dass soll déi Commission des Droits de l'Homme mol eng gesetzlech Basis hei kréien, an déi soll e Bericht maachen. Déi soll net d'Onofhängegkeet vun der Commission nationale de la protection des données a Fro stellen. Mä

déi soll ee Bericht maachen iwwert d'Exécutioun vum Gesetz, wéi och doduerch kënne regelméisseg politesch Debatten ze provozéieren.

Jiddfereen huet bal heibanne gefuerdert, mir solle regelméisseg kucken, ob dat Gesetz net misst adaptéiert ginn, ob et an déi richteg Richtung geet. Just do gesinn ech d'Roll vun där Commission des Droits de l'Homme fir ze soen: "Ma jo, mir gesinn d'Applikatioun vum Dateschutz esou oder esou." Dee Bericht kënnt natierlech bei d'Regierung. E kënnt bei d'Chamber, an dat kann eis da regelméisseg erlaben, hei och Debatten iwwert d'Applikatioun vum Dateschutz ze féieren.

Déi Commission des Droits de l'Homme ass also net agefouert ginn, wéi de Statsrot et fäert, fir d'Onofhängegkeet vun der Commision nationale de la protection des données a Fro ze stellen, mä fir e bësselchen e politesche Contre-pas ze bidden, wéi och ëmmer d'Debatt weider ze animéieren. Ech mengen och net, dass do kéinten Interferenze kommen.

4. Véierte Punkt, dat sinn d'Rechter vun de Leit. Ech ginn net méi op alles an: Droit d'information, Droit d'accès, Droit d'opposition. Wichteg ass, dass mer awer hei déi Kommissioun och virgesinn, dass deen Eenzelne sech ka bei si beschwéiere goen, virun deem dass se mussen op d'Geriicht goen. Et ass wichteg, dass een net bei alles muss op d'Geriicht goen, mä dass et aner méi bëlleg, méi séier Methode gëtt fir dat ze maachen.

5. Fënneften a leschte Punkt, dat ass d'Bewosstsäinsbildung. Et ass schonn e puer mol hei gesot ginn, dass muss eng Bewosstsäinsbildung geschéien. Veräiner mussen och wëssen, dass si sensibel Donnéeë verwalten. Ech mengen, dass och Veräiner sech mussen u Regelen halen. Ech stellen ëmmer erëm fest, dass et Veräiner gëtt, déi einfach net oppassen, déi dann zum Beispill hir Memberskartei einfach engem Sponsor zur Verfügung stellen, fir dass dee Sponsor ka Publicitéit maache bei de Memberen. Dat gëtt eigentlech mat dësem Gesetz verbueden. Ech fannen dat och gutt esou. All déi Veräiner, déi dat maachen, hunn dat net aus schlechtem Wëlle gemaach, mä se ware sech net bewosst, dass se mat sensible perséinlechen Date vun hire Memberen operéieren. Ech mengen, dass et richteg ass, dass mer Bewosstsäinsbildung maachen.

Ech hunn och absolut kee Problem, déi Motioun, déi d'Mme Beissel am Numm vu fënnef Parteien deponéiert huet, unzehuelen. Ech wäert och alles maachen, fir déi Motioun esou séier wéi méiglech mat Liewen ze erfëllen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 45 si gelies an ugeholl.

Mir kéimen elo zum Vote vum virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo- an enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par Mme Maggy Nagel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Elo komme mer zur Motioun, déi vun der Mme Beissel agereecht ginn ass.

Motion 1

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote par main levée

Wie fir déi Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, dass déi Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Domat wier dee Punkt ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4921 iwwert d'Services à accès conditionnel.

Et si schonn ageschriwwen: den Här Bodry, d'Mme Beissel, déi Häre Greisen, Garcia an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

4. Projet de loi 4921 sur la protection juridique des services à accès conditionnel et des services d'accès conditionnel

Rapport de la Commission des Media et des Communications

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de leschten zwee Jorzéngten ass den audiovisuelle Secteur an Europa beräichert ginn duerch eng Rei vun Televisiounschaînen, déi op d'Verschlësselung vun hire Programmer zréckgräifen.

D'Abonnementer sinn heefeg eng wichteg, wann net déi wichtegst finanziell Ressource, fir dës Programmer ze finanzéieren. Et ass an där Optik kloer, datt all Aktivitéit, déi de Cryptage oder all aner Codéierungstechnologie ëmgeet, déi wirtschaftlech Liewensfäegkeet vun enger Entreprise a Fro stellt. Ech wëll kuerz op déi verschidde Facteuren agoen, déi de Cryptage an deemno och d'Entwécklung vun esou Programmer wesentlech favoriséiert hunn.

Zum engen ass festzestellen, datt déi traditionell Ressourcë fir de Finanzement vu Programmer wéi beispillsweis d'Publicitéit oder de Parrainage op engem klenge Marché, deen ëmmer méi ëmkämpft ass, an de leschte Jore staark ofgeholl hunn. Zum aneren ass duerch d'Verschlësselung den Opérateur an der Lag, d'Emfaange vu Programmer op déi Territoiren ze limitéieren, fir déi hien d'Exploitatiounsrechter bezuelt huet.

Zudeem kënnt derbäi, datt nei digital Technologien den Opérateuren haut erméiglechen, méi Programmer unzebidden, déi sech éischter un e cibléierten a spezialiséierte Public riichten. Dorënner fale beispillsweis Sports-programmer oder Programmer mat enger méi kultureller Ausriichtung. Et versteet sech vum selwen, datt de Public fir esou spezifesch Programmer méi kleng ass an deemno erlaben dës Programmer net déi Commercialiséierung, wéi dat fir aner Programmer, déi net verschlësselt ausgestrahlt ginn, de Fall ass.

Deemno sinn d'Abonnementer en adequate Moyen fir dës limitéiert Ressourcen auszegläichen. Parallell zu dësen Entwécklungen huet sech eng Industrie entwéckelt, déi sech als Zil gesat huet de Cryptage auszehiewelen, dëst am Regelfall iwwer Technologien, déi Programmer décryptéieren oder decodéiere kënnen. Doriwwer eraus hu sech eng ganz Rei vun accessoiren Aktivitéiten, oder besser gesot Servicer, entwéckelt, wéi beispillsweis d'Publikatioun vu spezialiséierte Magazinen, verschiddene Services d'entretien oder d'après-vente.

D'Prestatairë sinn duerfir gezwongen, ëmmer nei sophistiquéiert Systemer ze elaboréieren, déi se mat supplementare Käschte belaaschten. De Ruff vun de Prestatairen ass doduerch a Fro gestallt, wann de Konsument, deen en Abonnement bezuelt huet, kee Vertraue méi huet. Et versteet sech hei vum selwen, datt de Prestataire Gefor leeft finanziell Aboussen ze verzeechnen, wa sech Clienten ofwennen. Am Ablack ginn d'Moyenen, virun allem déi juristescher Natur, net wäit genuch.

Här President, de Projet de loi 4921 huet als Objet déi europäesch Direktiv 98/84/CE vum Europaparlament a vum Conseil vum 20. November 1998 iwwert d'juristesch Protectioun vun de sou genannte Services à accès conditionnel oder de Services d'accès conditionnel an eis national Législatioun ëmzesetzen.

Mir sinn e bëssen a Verzuch. Den Artikel sechs vun der Direktiv hat effektiv d'Ëmsetzung an déi jeeweilech national Législatioune bis spéitstens den 28. Mee 2000 virgesinn. De Projet ass den 1. Mäerz 2002 an der Chamber deponéiert ginn. An der Sëtzung vun der Mediekommissioun vum 27. Juni 2002 huet d'Kommissioun de Rapporteur designéiert. An därselwechter Sëtzung huet d'Kommissioun sech am Detail mam Projet a mam Avis vum Statsrot vum 14. Mee 2002 befaasst. Der Kommissioun si véier Avise vun de Beruffschamberen zoukomm. Et sinn dat: d'Chambre des Employés privés, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Travail, déi sech alleguerten, bis op e puer méi spezifesch Detailer, positiv zu dësem Projet positionéiert hunn. De schréftleche Rapport ass de 4. Juli 2002 ugeholl ginn.

Déi communautär Démarche war noutwendeg, well sech zum engen net an allen EU-Memberstaten eng Réglementatioun befënnt an zum aneren, well déi existéierend juristesch Moyenen an de Memberstaten net eenheetlech sinn. D'Direktiv versteet sech deemno och als e Mëttel fir eng eenheetlech minimal Protectioun géint déi uewen zitéiert Aktivitéiten, illicite Decodéierungsaktivitéiten, anzeféieren.

Mir haten d'Optioun d'Direktiv an der existéierender Législatioun opzehuelen, entweder duerch d'Änderung vum Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert d'elektronesch Medien oder d'Gesetz vum 21. Mäerz 1997 iwwert d'Telekommunikatiounen. Eng aner Méiglechkeet hätt kéinten doranner bestoen, d'Direktiv an de Code pénal oder an de Code civil ze integréieren.